# De Louis

De Schierener Buet



Schieren

N: 58 OKTOBER 2019

## Un däser Nummer hu matgeschafft:

**Text a Fotoen:**

Berger Manfred
Berwick Guy
Biver Véronique
Cesar Sandy
Goerens Mil
Heck Christophe
Heckemanns Romain
Karima Djemana
Kemp Juliette
Kries Tessy
d'Léierpersonal
Ley Monique
Nickels Carmen
Nickels Sally
Pechon Daniel
d'Personal aus der Crèche an der Maison Relais
Pletschette Camille
Pütz Michel
Schaul Camille
Schlentz Jerry
Schneider Gilles
Sutter Paul
Thill Carlo
Thill Eric
Thill Laura
d'Veräiner an d'Kommissiounen
Zeimes Anne
Zeimes Jean-Paul

**Layout:**

Varela Mata Marcelo Manuel (Cover)
Yvette Rehlinger

**Cover:**

Projet „al Schoul"
3D vun Thillens & Thillens Architecture SA

**Drock:**

exe.lu Troisvierges
Gedréckt op Luxoart Silk 135 g

MIX Paper from responsible sources FSC® C008551

**Oplo:**

850

myclimate PERFORMANCE neutral Drucksache | 01-19-659819 myclimate.org

## An däser Nummer

### Eis Gemeng


Informations pratiques / Cours d'appui / Fir ze verschenken 3
Gemengerotssëtzungen 4
Den Härewee an de Millewee 7
Projeten 2019 8
Rénovation du bâtiment « Al Schoul » 12
Erneierung vum Gebai vun der aler Schoul 13
De Fëschereisyndikat Schieren 14
Réckbléck Europawahlen an dem Charel Goerens säi super Resultat 15
Borkenkäfer- und Kahlschlagproblematik 16
Zusammenwachsen in der Nordstad 18
IVV-Wanderung mat Passage zu Schieren 18
Klimapakt-Nachrichten der Gemeinde Schieren 09/2019 19


### Reportagen


Birtrange 1: Kalennerblieder 20
Kannererënnerungen aus dem 2. Weltkrich 25
Neies iwwer d'Ausgruewungen zu Schieren 28
Quoi de neuf sur les fouilles à Schieren ? 29
Allerhand Gedeessems ëm d'Biertrenger Schlass 32
Beaucoup de bruit autour du château de Birtrange 33
Pangea contre le milan rouge : les ministres Tanson et Dieschbourg 34
Pangea versus Roude Milan: Ministeren Tanson an Dieschbourg 35
De Kommentär an der Lëtzebuerger Press 37
Le commentaire sur le festival de Birtrange dans la presse 38
Jeunes talents : La mélodie du bonheur 39


### Kanner a Jugend


10-Joer-Feier Crèche Bim Bam 41
Fairtrade 2019 in der Maison Relais Rousennascht 42
Rentrée scolaire 2019-2020 : Cycle 1 43


### Veräiner a Kommissiounen


Tennis 45
Schierener Bullemettien – Championnat Interclubs 2019 46
Schierener Bullemettien – Journée Nationale Sportive 47
D'Schierener Bullemettien op den JPEE am Montenegro 48
D. C. Red Barons – Saison 2018-2019 49
Chorale Caecilia Schieren – Lescht Aktivitéiten 50
Gaart an Heem Schieren 52
News vun de Schierener Musikanten 54
Porequipe 58
23. Generalversammlung vum Turnveräin 60
Frënn vum 3. Alter zu Monschau 61
Natur erliewen an der Gemeng Schieren 62
Kanneraktivitéite mam SICONA 62


### Verschiddenes


Informatiounen 64
De Panorama 65
De Panorama Opléisung aus der Nummer 56 66


### Kalenner


Manifestatiounskalenner vun Oktober bis Dezember 2019 67

## Informations pratiques :

| Tél. Commune | 812668 – |
|---|---|
| Secrétariat / État civil | 812668 – 50 |
| Bureau de la population | 812668 – 54 |
| Recette | 812668 – 51 |
| Service technique | 812668 – 52 |

| Heures d'ouverture : | |
|---|---|
| Lundi | 8 h 00 - 11 h 30 |
| Mardi et mercredi | 8 h 00 - 11 h 30 et 13 h 30 - 17 h 30 |
| Jeudi | fermé |
| Vendredi | 8 h 00 - 11 h 30 |

| | |
|---|---|
| Crèche Bim Bam | 26 80 57 90 |
| Maison Relais | 81 70 53 60 |
| École fondamentale | 81 70 53 42 |
| Hall sportif | 81 16 27 |

| | |
|---|---|
| Paroisse (Ettelbruck) | 81 64 61-1 |
| Hôpital Ettelbruck | 81 66 1 |
| Pompiers | 81 79 71 |
| Police | 24 48 41 000 |

| | |
|---|---|
| **Appel d'urgence**<br>(Ambulance, Sapeurs-Pompiers, Protection civile + Gardes : pharmacies, hôpitaux, médecins) | **112** |
| **Appel d'urgence police grand-ducale :** | **113** |

**Site internet : www.schieren.lu • facebook.com/gemengschieren**

## Cours d'appui

La commune est à la recherche de personnes motivées qui aimeraient donner des cours d'appui à l'école (en allemand, français et mathématiques) pour des enfants de l'école fondamentale de Schieren (mardi et/ou jeudi après-midi).

En cas d'intérêt, merci de prendre contact avec l'administration communale de Schieren
Numéro de téléphone : 81 26 68 – 54

## Fir ze verschenken:

- Lehmuewen (verschidde Reparaturen ze maachen)
- hëlze Schoulbänke mat Still

### Gratuit :

- four d'argile (certaines réparations à faire)
- bancs et chaises d'école en bois

Mellt Iech w.e.g. op / Veuillez contacter:
atelier@schieren.lu





## Séance publique du 05 juin 2019

***Présents :*** André Schmit, *bourgmestre* – Eric Thill, Tessy Kries, *échevins* – Camille Pletschette, François Wirth, Susi Pfeiffer, Ben Pierrard, Claude Mohnen, *conseillers* – Camille Schaul, *secrétaire communal*

***Absent excusé :*** Patrick Heischbourg, *conseiller communal*

Le conseil communal

– décide unanimement d'admettre l'état des restants à recouvrer pour l'exercice 2018 établi par le receveur communal conformément au tableau suivant :

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| en décharge | 1.101,80 € | |
| en reprises provisoires | 94.080,23 € | 40.680,00 € |
| **TOTAL :** | **135.862,03 €** | |

– décide unanimement d'arrêter provisoirement l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2019/2020. Le résumé de l'organisation est repris ci-contre et tient déjà compte des réaffectations de personnel survenues ultérieurement à la date d'approbation provisoire.

– décide unanimement de dénommer le chemin entre la maison no 110 de la route de Luxembourg et le passage à niveau CFL no 27 « Impasse Antoine Bourkel » (sous-titre « Millewee »).

– décide avec 4 voix et 4 abstentions (Kries, Pfeiffer, Pletschette, Schmit) d'approuver le projet de morcellement concernant des fonds sis à Schieren au lieu-dit « Auf der Hohlschick » pour compte des sœurs Weber.

– approuve unanimement les titres de recettes de l'exercice 2018 avec en total : 8.035.105,44 euros (recettes ordinaires : 7.503.213,06 euros et recettes extraordinaires : 531.892,38 euros).

– décide unanimement de consentir à l'adhésion des communes de Helperknapp, de Steinfort, de Colmar-Berg et d'Erpeldange-sur-Sûre au Syndicat Intercommunal du Centre pour la Conservation de la Nature (SICONA-Centre).

– décide unanimement de convertir le poste dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B, sous-groupe administratif, autorisé par décision ministérielle du 04.01.2019, en poste dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B, sous-groupe technique et scientifique.

– décide unanimement de ne pas nommer l'un des candidats au poste supplémentaire de rédacteur communal (B1) - sous le statut du fonctionnaire communal - afin de seconder l'ingénieur communal.

## Séance publique du 19 août 2019

***Présents :*** André Schmit, *bourgmestre* – Eric Thill, Tessy Kries, *échevins* – Camille Pletschette, François Wirth, Patrick Heischbourg, *conseillers* – Camille Schaul, *secrétaire communal*

***Absents excusés :*** Susi Pfeiffer, Ben Pierrard, Claude Mohnen, *conseillers communaux*

Le conseil communal

– décide unanimement de fixer les taux multiplicateurs à appliquer pour l'année 2020 en matière d'impôt foncier comme suit :

| | | |
|---|---|---|
| A | Propriétés agricoles | 400 |
| B1 | Constructions industrielles et commerciales | 500 |
| B2 | Constructions à usage mixte | 500 |
| B3 | Constructions autres usages | 250 |
| B4 | Maisons unifamiliales / résidences | 250 |
| B5 | Immeubles non-bâtis autres que terrains à bâtir à des fins d'habitation | 500 |
| B6 | Terrains à bâtir à des fins d'habitation | 1.500 |

– décide unanimement de fixer à 300 % le taux multiplicateur à appliquer pour l'année 2020 en matière d'impôt commercial sur les bénéfices et le capital d'exploitation.

– approuve unanimement le contrat de bail concernant un terrain à Schieren au lieu-dit « Bach Aus », d'une contenance 52,3 ares, signé entre Madame Solange Kenkel-Merges comme bailleresse et la Commune de Schieren, comme preneur d'autre part, pour le prix de 156 euros par an afin d'y étendre les aires récréatives sur le territoire de la commune de Schieren.

– approuve unanimement le contrat de bail entre la commune de Schieren et la S.A. Orange Communications Luxembourg concernant la location d'une parcelle sise à Schieren au lieu-dit « Im Winkel » et appartenant à la commune de Schieren afin d'y installer une station de mobilophonie.

– décide avec 5 voix contre une (P. Heischbourg) d'approuver la convention entre la commune de Schieren et l'établissement public POST Group relative à l'utilisation d'un terrain communal à Schieren rue de la Gare pour l'installation d'une guérite de télécommunications pour le prix de location annuel de 1 €.

- décide unanimement d'acheter un droit d'admission prioritaire supplémentaire pour la Maison de Séjour et de Soins « Beim Goldknapp », spécialisée dans la prise en charge de personnes atteintes d'une forme de démence et de prier l'association luxembourg alzheimer (ala) de bien vouloir réserver une suite favorable à la présente.
- approuve unanimement le règlement communal relatif à la gestion des déchets ménagers, encombrants et y assimilés tel qu'il fut arrêté par le Comité du Syndicat intercommunal (SIDEC) en son assemblée du 9 juillet 2018.
- approuve unanimement les nouveaux statuts du Syndicat intercommunal (SIDEC).
- approuve unanimement le devis dressé par le bureau d'études Schroeder et Associées le 19.06.2019 au montant arrondi de 700.000 € relatif aux travaux de canalisation pour eaux pluviales dans la rue du Moulin et la route de Luxembourg à Schieren ainsi que la contrat d'ingénieurs afférent.
- arrête unanimement le règlement relatif à l'assainissement des eaux, y compris son annexe technique.

## ORGANISATION SCOLAIRE 2019/2020
### – résumé –

| Titulaire(s) | élèves | autres intervenants |
|---|---|---|
| **Précoce** | | |
| LEONE Rosanna | 19 | 3 |
| **Cycle 1** | | |
| BARROS Paula | 15 | 3 |
| REISER Jessica | 15 | 1 |
| SCHEUREN Martine | 13 | 3 |
| **Cycle 2.1** | | |
| NOSBUSCH Charline | 13 | 2 |
| SIMONIS Lisa | 12 | 2 |
| **Cycle 2.1** | | |
| RICHARTZ Diane | 16 | 3 |
| WEBER Blanche | 17 | 3 |
| **Cycle 3.1** | | |
| DOS SANTOS Jill | 18 | 2 |
| **Cycle 3.2** | | |
| GOERGEN Christiane | 13 | 3 |
| HOFFMANN Pascal | 13 | 3 |
| **TEAM 4.1** | | |
| CARVALHO DO RIO Catia | 17 | 3 |
| **TEAM 4.2** | | |
| NOSBUSCH Julie | 18 | 3 |

## Gemengerot vum 5. Juni 2019

***Präsent:*** André Schmit, *Buergermeeschter* – Eric Thill, Tessy Kries, *Schäffen* – Camille Pletschette, François Wirth, Susi Pfeiffer, Ben Pierrard, Claude Mohnen, *Conseilleren*

***Entschëllegt:*** Patrick Heischbourg, *Conseiller*

De Gemengerot

- beschléisst eestëmmeg, de Restantenetat, dee vum Einnehmer fir den Exercice 2018 opgestallt gouf, no folgendem Tableau festzehalen:

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Entlaschtungen | 1.101,80 € | |
| Bleiwen anzedreiwen | 94.080,23 € | 40.680,00 |
| **TOTAL:** | **135.862,03 €** | |

- beschléisst eestëmmeg, déi provisoresch Organisatioun fir d'Schouljoer 2019/2020 festzehalen. De Resumé vun dëser Organisatioun fannt Der zum Schluss vum Rapport. En dréit all de Personalugeleeënheete Rechnung, déi der Gemeng nach duerno operluecht goufen.
- beschléisst eestëmmeg, fir d'Gemengestrooss tëschent dem Haus Nr. 110 vun der Haaptstrooss an dem Gleisiwwergank „Impasse Antoine Bourkel" (Ënnertitel „Millewee") ze deefen.
- beschléisst mat 4 Stëmme bei 4 Enthalungen (Kries, Pfeiffer, Pletschette, Schmit), fir den neien Deelungsplang fir Bauplazen an der Steeënerstrooss, „Auf der Hohlschick", agereecht vun de Geschwëster Weber, guttzeheeschen.
- ënnerschreift eestëmmeg d'Einnahmeerklärungen aus dem Rechnungsjoer 2018 mat engem Total vun 8.035.105,44 Euro (ordinär: 7.503.213,06 Euro an aussergewéinlechen Haushalt: 531.892,38 Euro.
- beschléisst eestëmmeg, dem Bäitrëtt vun de Gemengen Helperknapp , Stengefort, Colmer-Bierg an Ierpeldeng un der Sauer an den Naturschutzsyndikat SICONA-Centre gréng Lut ze ginn.
- beschléisst eestëmmeg, fir de Redakteschposten am Service technique vun engem B1- sous-groupe administratif an e B1- sous-groupe technique et scientifique ëmzewandelen.
- beschléisst eestëmmeg, kee vun de Kandidaten, déi sech op de Redakteschposten am Service technique gemellt haten, z'ernennen.

## Gemengerot vum 19. August 2019

***Präsent:*** André Schmit, *Buergermeeschter* – Eric Thill, Tessy Kries, *Schäffen* – Camille Pletschette, François Wirth, Patrick Heischbourg, *Conseilleren*

***Entschëllegt:*** Susi Pfeiffer, Ben Pierrard, Claude Mohnen, *Conseilleren*

De Gemengerot

– beschléisst eestëmmeg, fir 2020 folgend Tauxe fir d'Berechnung vun der Grondsteier unzewenden:

| | | |
|---|---|---|
| A | Propriétés agricoles | 400 |
| B1 | Constructions industrielles et commerciales | 500 |
| B2 | Constructions à usage mixte | 500 |
| B3 | Constructions autres usages | 250 |
| B4 | Maisons unifamiliales / résidences | 250 |
| B5 | Immeubles non-bâtis autres que terrains à bâtir à des fins d'habitation | 500 |
| B6 | Terrains à bâtir à des fins d'habitation | 1.500 |

– beschléisst eestëmmeg, den Hebesatz fir d'Gewerbesteier och am Joer 2020 bei 300 % ze loossen.

– approuvéiert eestëmmeg e Pachtvertrag mat der Madame Solange Kenkel-Merges, fir en Terrain zu Schieren „Bach Aus", mat enger Fläch vun 52,3 Ar, fir de Präis vun 156 Euro pro Joer ze lounen. Hei sollen dann d'Erhuelungsflächen an der Gemeng ausgebaut ginn.

– approuvéiert eestëmmeg e Pachtvertrag mat der S.A. Orange Communications Luxembourg iwwer d'Verloune vun enger Parzell niewent dem Fussballterrain fir d'Installatioun vun enger Mobilfunkantenn.

– approuvéiert mat 5 Stëmmen géint 1 (P. Heischbourg) eng Konventioun mam POST Group betreffend een Terrain an der Rue de la Gare zu Schieren, fir der Post z'erméiglechen, en Haische fir verschidden technesch Installatiounen opzeriichten. De jäerleche Pacht beleeft sech op 1 €.

– beschléisst eestëmmeg, fir der Schierener Gemeng d'Rechter op en zousätzlecht prioritäärt Bett am Fleegeheim „Beim Goldknapp" ze sécheren. D'ala - association luxembourg alzheimer – soll deemno eis Gemeng bei der Vergréisserung vun hire Strukture berécksiichtegen.

– approuvéiert eestëmmeg dat neit Offallreglement, wat fir all d'Gemengen, déi am Syndikat SIDEC zesummegeschloss sinn, an Zukunft soll gëllen. Heimat gëtt d'Entsuerge vu sämtlechen Zorten vun Offall gereegelt. De Comité vum SIDEC hat dëst Reglement den 9. Juli 2018 ofgeseent.

– approuvéiert eestëmmeg déi nei Statute vum Offallsyndikat SIDEC.

– approuvéiert eestëmmeg en Devis vum Bureau d'études Schroeder et Associées vum 19.06.2019 an Héicht vu ronn 700.000 € fir d'Aarbechten um Reewaasserkanal an der Rue du Moulin an an der Haaptstrooss. Och den Insertiounskontrakt mam Bureau d'études gëtt eestëmmeg ugeholl.

– arrêtéiert eestëmmeg dat neit Reglement iwwer d'Kanalisatiounen an d'Gestioun vum Ofwaasser.

### ORGANISATION SCOLAIRE 2019/2020
### – résumé –

| Titulaire(s) | élèves | autres intervenants |
|---|---|---|
| **Précoce** | | |
| LEONE Rosanna | 19 | 3 |
| **Cycle 1** | | |
| BARROS Paula | 15 | 3 |
| REISER Jessica | 15 | 1 |
| SCHEUREN Martine | 13 | 3 |
| **Cycle 2.1** | | |
| NOSBUSCH Charline | 13 | 2 |
| SIMONIS Lisa | 12 | 2 |
| **Cycle 2.1** | | |
| RICHARTZ Diane | 16 | 3 |
| WEBER Blanche | 17 | 3 |
| **Cycle 3.1** | | |
| DOS SANTOS Jill | 18 | 2 |
| **Cycle 3.2** | | |
| GOERGEN Christiane | 13 | 3 |
| HOFFMANN Pascal | 13 | 3 |
| **TEAM 4.1** | | |
| CARVALHO DO RIO Catia | 17 | 3 |
| **TEAM 4.2** | | |
| NOSBUSCH Julie | 18 | 3 |

# Den Härewee an de Millewee

Wéinst verschiddene Bauprojete koum et zur Ëmbenennung respektiv Neibenennung vun 2 Weeër oder Stroossen zu Uewerschieren. Déi éischt betrëfft déi landbekannten a mëttlerweil och geschützte Routbuchenallee. Si war an enger éischter Etapp beim Bau vun der Eisebunnsstreck 1867 duerchbrach ginn, an ass duerno an enger zweeter Etapp an de 70er Joere vum leschte Joerhonnert duerch d'Opriichte vun enger Héichspannungsleitung regelrecht verschampeléiert ginn, wou een d'Konsequenzen dovun haut nach gesäit. Deemools war d'Fro schonn opgeworf ginn, ob een déi Héichspannung nit hätt kënne laanscht d'Zuchstreck leeën, da wier den Impakt op déi eenzegaarteg Allee nit sou grouss gewiescht.

D'Routbuchenallee, 1844 geplanzt, huet vun der Haaptstrooss vu Schieren bis bei d'Baronsbréck gefouert, vu wou den Uschloss iwwert d'Uelzecht direkt bis rop bei d'Biertrenger Schlass gefouert huet. D'Besonneschheet huet dora bestan, datt d'Wilhelm-Lëtzebuerg-Bunn fir den deemolege Staatsminister Fréderic de Blochausen, deen déi Charge vun 1874 bis 1885 hat, en zousätzlechen extraen Arrêt bei der Buchenallee ageluegt huet. Dat muss ee sech dann esou virstellen: de Staatsminister ass moies a senger Kaross vum Kutscher duerch d'Allee bis bei d'Eisebunn gefouert ginn, wou den Zuch da stallgehal huet. E Commis vun der Eisebunn ass aus dem Wagon geklomm, huet eng kleng Träppche vun dräi Träppleken aus dem Wagon geholl, iwwer déi den héije Politiker konnt kammout eraklammen. Owes huet dat Ganzt sech dann den ëmgedréinte Wee ofgespillt. No 1885 ass den zousätzlechen Arrêt da rëm opgehuewe ginn.

Den zweete Wee, wou hei driwwer geschwat gëtt, ass bei den ale Schierener als Millewee bekannt, dee vun der Haaptstrooss iwwert d'Eisebunn bis bei d'Uelzecht gefouert huet, da lénks weidergefouert huet, d'Buchenallee gekräizt huet a virugaang ass bis vis-à-vis vun der Millen, wou eng Bréck iwwert d'Uelzecht bis direkt an d'Toussengsmille gefouert huet. Fir deemoleg Verhältnisser war dat eng relativ grouss Millen, déi bis nom 2. Weltkrich Brout- a Fuddermiel gemuelen huet. Duerno huet de Jean Simon nach bis an déi 80er Joeren eng elektresch Zentral hei bedriwwen, déi eng Zäitlaang och de Stroum fir d'Beliichtung vum Schierener Futtballterrain gratis geliwwert huet. Vun der Eisebunn u war dat deelweis e Privatwee, an d'Parzellen 1070/3415 vun der Eisebunn bis bei d'Uelzecht an 1006/4927 als lescht Ofzweigung vum Gemengewee gehéieren den heitege Besëtzer vun der Millen. Dat Stéck Wee tëscht deenen zwou Parzelle gehéiert der Gemeng.

D'Neibenennung an Impasse Antoine Bourkel betrëfft deemno just dat Stéck Wee vun der Haaptstrooss bis bei d'Eisebunn an ass duerch d'Ewechfale vun der Barrière eng regelrecht Sakgaass ginn. Den Numm bezitt sech op de



Den Antoine Bourkel mam Jacques Kirsch an der Primärschoul zu Schieren

fréiere Schoulmeeschter Antoine Bourkel, an et ass wuel e spéiden, mee awer verdéngten Hommage un deen am meeschte respektéierte Schoulmeeschter, dee jee hei zu Schieren war. Hie war dat perfekt Beispill vun engem Schoulmeeschter vun auswäerts, dee sech komplett an d'Duerfgemeinschaft integréiert hat, an déi markantsten Doftmaarken, déi e gesat hat, waren:

1. Grënner a laangjärege Keessjee, Sekretär an duerno éischten Éierepresident vum Gaart an Heem Schieren vun 1926 bis 1970.
2. Exzellente Sänger an Dirigent vun der Chorale Cäcilia vu Schieren während 35 Joer.
3. Mat säi gréisste Verdéngscht ass awer d'Sammelen an d'Redaktioun vun de Krichserliefnisser vu senge Schierener Schoulkanner am Zweete Weltkrich. An deem Zesummenhank gëtt et eng Anekdot vun him, dee jo als bekannten nit däitschfrëndleche Schoulmeeschter schonn e gewësse Risiko agaang ass. Bei de Preise war et de Gebrauch, datt se heiandsdo sougenannt „Ehrenpforten" an d'Strooss gesat hunn, wou all d'Bierger, wa se derduerchgaang sinn, den „deutsche Gruß" hu mussen ofliwweren. Dat hat hien en etlech Kéieren nit gemaach, an hien hat vun de preiseschen Autoritéite Repressalien ugedreet kritt. Hien huet sech dunn eng ganz pragmatesch Léisung afale gelooss an ass ganz einfach säi Wee laanscht déi Paart gaang, well den „Heil Hitler" wier him nit iwwer d'Lëpse komm.

Den Antoine Bourkel war de 7. August 1892 zu Eschduerf gebuer. 1912 gouf hie Schoulmeeschter zu Dol an 1923 Schoulmeeschter zu Schieren, wou hien 1953 pensionéiert ginn ass. 1970 ass hien no engem Schlag an der Klinik zu Ettelbréck gestuerwen.

*Mil Goerens*



En zefriddenen Antoine Bourkel

# Projeten 2019

## 1) Waasserlaf am PAP Wiischen

An der Gréngsträif iwwert der Strooss „Ënnert den Thermen" gouf an Zesummenaarbecht mam Gemengesyndikat SICONA een naturnoen Baachlaf ugeluecht, deen duerch eng natierlech Quell gespeist gëtt. D'Uleeung vun dësem Baachlaf huet 51.800 Euro kascht. Am Fréijoer soll dëse Baachlaf naturno beplanzt ginn an déi grouss Plaz dobäi mat Bänken an enger Schietméiglechkeet equipéiert ginn.

## 2) Feldwee hannert der Cité Peteschfeld

D'Entreprise Heirens Constructions huet de Feldwee laanscht d'Kiselbaach a Stand gesat. Dëse Feldwee gouf mat Spuerplacken ausgefouert. D'Aarbechten hu 57.000 Euro kascht an d'ASTA iwwerhëlt 40 % dovunner. Am Hierscht ginn nach zesumme mat de Schoulkanner naturno Hecke laanscht dëse Feldwee geplanzt. D'Gemeng huet och e Pachtvertrag fir 5 Terraine vun am Ganze 55 Ar um Enn vun deem Feldwee ofgeschloss. Dës Fläche sollen ökologesch opgewäert ginn.

## 3) Informatik an der Schoul

An der Schoul gouf den ale Serveur an d'Wifi-Bornen ersat an nei iPaden ugeschaaft. Ab der Rentrée 2019 kommen déi an de Klasse vun der Primärschoul zum Asaz. D'Ëmrüstungen, d'Material an d'Aarbechte belafen sech op ongeféier 40.000 Euro a goufe vun den Entreprisë Lineheart a Global Media Systems ëmgesat.

## 4) Spillplaz an der Rue du Canal

Am Oktober soll d'Spillplaz an der Rue du Canal komplett erneiert ginn. D'Gesamtaarbechte wäerten sech op 50.000 Euro belafen. D'Aarbechte ginn ausgefouert vun den Entreprisë Createch an Heirens Constructions.

## 5) Kanal Alen Atelier

Wéinst diverse Problemer an der Vergaangenheet mat de Kanäl am Alen Atelier soll am Hierscht d'Kichen an d'Toiletten duerch en neie Kanal ronderëm d'Gebai mat dem ëffentleche Kanalnetz verbonne ginn. Am Budget sinn 30.000 Euro virgesinn.

## 6) Mise en conformité Sportshal

An der Sportshal lafen aktuell divers Aarbechte fir d'Mise en conformité. Esou gëtt z. B. d'Elektresch zu engem groussen Deel neigemaach, et ginn nei Noutbeliichtunge montéiert, Sécherheetsdieren ugepasst asw. Déi Conditioune mussen erfëllt ginn, fir datt mer weiderhi mat de Kanner aus der Maison Relais an der Mëttesstonn do kënnen iessen. Fir dës Aarbechte sti 75.000 Euro am Budget.

## 7) Vëlosparkplazen

Am Hierscht sollen eis vereelste Vëlosstänneren am Duerf ersat ginn. Geplangt sinn och iwwerdaachte Vëlosparkplaze bei der Schoul a bei eise Sportsterrainen an der Rue de la Gare.

## 8) Neie Foussgängerwee hannert dem Gemengenhaus

Am Hierscht 2019 soll en neie Foussgängerwee hannert der Gemeng entstoen. Dëse Wee soll vun der Buchenallee bis op dat neit Lotissement op 86, route de Luxembourg féieren. Dëse Wee gëtt un de Quai an un de Parking vun der Gemeng ugeschloss. D'Gemeng baut en Deelstéck am Wäert vu 15.000 Euro.

## 9) Fassadenaarbechten um Gemengenhaus

Nodeems déi nei Annex vun der Gemeng fäerdeggestallt ginn ass, kritt och d'Bestandsgebai säi leschte Schlëff. D'Natursteegrenzmaueren an d'Fassad ginn duerch d'Firma Mola erëm a Stand gesat. D'Aarbechte belafe sech op ± 50.000 Euro. Sites et Monuments bedeelege sech mat ± 14.500 Euro un dësen Aarbechten.



Waasserlaf am PAP Wiischen



Feldwee hannert
der Cité Peteschfeld



Spillplaz an der Rue du Canal




Fassadenaarbechten um Gemengenhaus

SIDEC
SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA GESTION DES DECHETS

Praktische Hinweise zur Benutzung der Mülltonnen

## Grüne Tonne
### für Hohlglas

**JA** *Was gehört in die Grüne Tonne?*

- Hohlglas (alle Farben):
  Flaschen, Konservengläser, ...
  (leer, ohne Korken oder Verschlüsse)

**NEIN** *Was gehört NICHT in die Grüne Tonne?*

- Flachglas:
  Fenster, Spiegel, ...
- Hitzebeständiges Glas:
  feuerfestes Geschirr, Glaskeramikplatten, ...
- Porzellan, Keramik, Terracotta-Gegenstände, ...
- Opalglas und Kristallglas
- Glühbirnen und Leuchtstoffröhren

## Blaue Tonne
### für Altpapier und Kartonagen

**JA** *Was gehört in die Blaue Tonne?*

- Papier:
  Zeitungen, Magazine, Prospekte, Bücher, Hefte, Briefumschläge mit und ohne Kunststofffenster, Papiertüten, Wunschkarten (ohne Batterien), Spiralordner, Krepppapier, ...
- Kartonagen:
  Kisten und Verpackungen aus Karton, Wellpappe, Wabenkarton, Trennblätter aus Karton, ...

**NEIN** *Was gehört NICHT in die Blaue Tonne?*

- Papier:
  Thermofaxpapier, Kohlepapier, Photopapier, Wachspapier, Cellophanpapier, Butterpapier, Verpackung von Fleisch, Etiketten, ...
- Kartonagen:
  Getränkekartons, Pappgeschirr, verschmutzte Kartonverpackungen (z.B. von Pizzas, Gebäck, Fastfood), ...
- Sonstige Abfälle:
  Versandtaschen mit Wattierung, Ordner, Taschentücher, Servietten, Tapeten, Filz, ...

## Braune Tonne
### für organische Abfälle

**JA** *Was gehört in die Braune Tonne?*

- Feste Lebensmittelreste:
  Gemüse, Obst, Eierschalen, ...
- Gekochte Lebensmittelreste:
  Fleisch, Fisch, Knochen, ...
- Sonstige Küchen- oder Haushaltsabfälle:
  Küchenpapier, Kaffeefilter, Teebeutel, ...
- Gartenabfälle:
  Unverholzte organische Gartenabfälle, Gras, Laub, ...

**NEIN** *Was gehört NICHT in die Braune Tonne?*

- Nicht-Organische Abfälle:
  Kunststoff, behandeltes Holz, Metalle, Textilien, Farbreste, ...
- Flüssige Lebensmittel:
  Saucen, Suppen, ...
- Sonstige Küchen- und Haushaltsabfälle:
  Aschen, Kehricht, Windeln, Fäkalien, Kleintierstreu, Fette/Öle, Zigarettenkippen, Staubsaugerbeutel, ...
- Sperrige Gartenabfälle:
  sperriger unzerkleinerter Strauchschnitt, ...

**Info** *Praktische Hinweise*

- Abbaubare Maisstärke-Tüten benutzen. Diese sind im Handel erhältlich, eignen sich zur Vorsortierung in der Küche und halten die Braune Tonne sauber.
- Keine Kunststoff-Tüten zur Entsorgung der Abfälle benutzen.
- Sehr nasse Küchenabfälle in Zeitungspapier einwickeln.
- Frisch gemähten Rasenschnitt antrocknen lassen und erst kurz vor dem nächsten Abfuhrtermin in die Braune Tonne einfüllen.
- Braune Tonne an einen schattigen Platz stellen.

Für weitere Informationen steht das SIDEC-Team gerne zur Verfügung unter der Telefonnummer 808983-24 oder per Email unter communication@sidec.lu.

SIDEC
SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA GESTION DES DECHETS

Conseils pratiques pour l'utilisation des poubelles

## Poubelle verte
### pour verre creux

**OUI** *Déchets admis*

- Verre creux (de toutes les couleurs):
  bouteilles, flacons, bocaux, ...
  (vides, sans bouchons ou couvercles)

**NON** *Déchets NON admis*

- Verre plat:
  fenêtres, miroirs, ...
- Verre résistant aux hautes températures:
  plats allant au four, plaques vitrocéramiques, ...
- Porcelaine, céramique, récipients en terre cuite, ...
- Opaline et cristal
- Ampoules et tubes néon

## Poubelle bleue
### pour vieux papier et carton

**OUI** *Déchets admis*

- Papiers:
  journaux, magazines, prospectus, livres, cahiers, enveloppes avec ou sans fenêtre en plastique, sacs en papier, cartes de vœux (sans piles), carnet reliure spiralé, papier crépon, ...
- Cartons:
  boîtes et emballages en carton, carton ondulé, carton alvéolaire, intercalaires en carton, ...

**NON** *Déchets NON admis*

- Papiers:
  Papiers thermo, carbone, photo, ciré, plastifié, calque, hygiénique, cellophane, à beurre, emballage pour viande, étiquettes, ...
- Cartons:
  Cartons à boisson, vaisselle en carton, emballages en carton souillés (p.ex. de pizzas, pâtisserie, fast-food), ...
- Autres déchets:
  Enveloppes rembourrées, classeurs, mouchoirs, serviettes, papiers peints, feutre, ...

## Poubelle brune
### pour déchets biodégradables

**OUI** *Déchets admis*

- Restes alimentaires solides:
  légumes, fruits, coquilles d'œufs, ...
- Restes alimentaires cuits:
  viande, poisson, os, ...
- Autres déchets de cuisine ou de ménage:
  papier cuisine, filtres à café, sachets de thé, ...
- Déchets de jardinage:
  Déchets de jardin peu ligneux, tonte de gazon, feuillage, ...

**NON** *Déchets NON admis*

- Déchets non biodégradables:
  matières plastiques, bois traité, métaux, matières textiles, restes de peinture, ...
- Aliments liquides:
  sauces, soupes, ...
- Autres déchets de cuisine ou de ménage:
  cendres, poussière, langes, excréments, litières, huile de friture, mégots, sachets d'aspirateur, ...
- Déchets de jardinage de forte taille:
  gros branchage non broyé, ...

**Info** *Conseils pratiques*

- Utiliser des sacs biodégradables disponibles auprès du commerce destinés au pré-triage en cuisine et à maintenir la poubelle brune plus propre.
- Ne pas utiliser de sacs plastiques pour évacuer les déchets.
- Envelopper des déchets de cuisine très humides dans du papier journal.
- Laisser sécher la tonte de gazon et n'introduire de grandes quantités que peu de temps avant l'enlèvement.
- Placer la poubelle brune dans un endroit ombragé.

Pour toutes informations supplémentaires, l'équipe du SIDEC se tient à votre entière disposition, par téléphone au 808983-24 ou par email à communication@sidec.lu.


Dans le sac bleu Valorlux · Im blauen Valorlux-Sack
In the Valorlux blue bag

# uniquement nur · only

SAC BLEU · BLAUER SACK · BLUE BAG



Bouteilles et flacons en plastique · Plastikflaschen und -flakons · Plastic bottles and containers



Emballages métalliques · Metallverpackungen · Metal packaging




Cartons à boisson · Getränkekartons
Beverage cartons

**NEW**



**Films et sacs en plastique · Plastikfolien und -tüten · Plastic films and bags**



**Pots, gobelets et barquettes en plastique · Plastiktöpfe, -becher und -schalen**
**Plastic pots, cups and trays**

MAX. 5L | VIDE · LEER · EMPTY

PAS DE PLASTIQUE NOIR
KEIN SCHWARZER KUNSTSTOFF
NO BLACK PLASTIC

VALORLUX ASBL
Ensemble, en route vers un monde durable


Collecte toutes les deux semaines.
Abfuhr alle zwei Wochen.
Collection every two weeks.

Calendrier de collecte disponible sur :
Abfuhrkalender verfügbar unter:
Collection calendar available on:
**www.valorlux.lu**

## TRUCS & ASTUCES
## Tipps und Tricks · Tips and tricks

Dans le sac bleu Valorlux
Im blauen Valorlux-Sack
In the Valorlux blue bag

### PAS DE PAPIER NI DE CARTON




Kein Papier und Karton
No paper and cardboard

### PENSEZ ÉGALEMENT AUX FLACONS EN PLASTIQUE TYPE SHAMPOING



Denken Sie auch an Plastikflaschen wie Shampooflaschen
Do not forget plastic bottles such as shampoo bottles

### EMBALLAGES VIDES



Leere Verpackungen
Empty packaging

famestudio.lu

VALORLUX ASBL
Ensemble, en route vers un monde durable

**www.valorlux.lu**
**message@valorlux.lu**



## Rénovation du bâtiment « Al Schoul »

Pendant les dernières années, plusieurs projets concernant le bâtiment de la « Al Schoul » ont été présentés, mais aucun de ces projets n'a été réalisé.

Pour l'année 2020, le collège échevinal aimerait enfin rénover ce bâtiment, qui date de l'année 1851.





Après la rénovation, les installations suivantes seront mises à disposition des habitants et des clubs/associations locaux/locales :

- Salle des fêtes
- Une petite cuisine aux rez-de-chaussée
- Des toilettes publiques
- Des salles de réunion pour clubs
- Une petite cuisine au 1er étage
- Stockage

Après les transformations, le bâtiment disposera d'un ascenseur et d'installations pour les personnes à mobilité réduite.

Actuellement, la plupart des pièces ne peuvent plus être utilisées ou servent comme stockage.



## Erneierung vum Gebai vun der aler Schoul



Et gouf déi leschte Joere schonn eng Rei Versich ënnerholl, d'Gebai vun der aler Schoul am Duerfzentrum z'erneieren. Dee leschte Projet ass vun 2012 an ass ni ëmgesat ginn.

De Schäfferot huet sech dofir fir 2020 virgeholl, dëst Gebai vu Grond op z'erneieren.

Zënter dem 06.02.2017 ass dëst Gebai vun 1851 elo klasséiert, dat heescht, d'Baussemauere vum Haaptdeel mussen esou erhale bleiwen, ewéi se sinn.

An dat renovéiert Gebai solle folgend Raimlechkeete kommen:

- Grousse Festsall mat Accès op eng Terrass an de Bausseberäich
- Eng kleng Zouliwwerkichen um Rez-de-chaussée
- Ëffentlech Toiletten
- Veräinsraim fir Versammlungen
- Eng kleng Kiche fir d'Veräiner
- Stockage fir Veräiner an d'Gemeng

Des Weidere gëtt d'Gebai behënnertegerecht ëmgebaut (Lift, Toiletten)

D'Vollekskiche gëtt ofgerappt an de Parking soll ënnen an de Päsch verluecht ginn.

D'Gebai a sengem aktuellen Zoustand ass zu engem groussen Deel net méi ze benotzen oder gëtt als Ofstellfläch genotzt.

Mat dëser Renovatioun sollen all d'Raimlechkeeten erneiert ginn a rëm kënne vun de Veräiner a Bierger genotzt ginn.



# De Fëschereisyndikat Schieren


Hubert Schlechter


Michel Weiler


Paul Goerens

D'Geschicht vum Fëschereisyndikat Schieren ass nawell zimlech séier erzielt, well sech doran nit vill Weltbeweegendes ofspillt. A senger heiteger Form besteet en zanter 1965. Vun där Zäit virdru gëtt et keng Donnéeë méi, mee hei am Land gëtt et dëse System schonn zanter 1921, wou se opgedeelt a reglementéiert gi sinn.

Déi ganz Fëschereistreck besteet aus 3 Lousen. D'Lous 1, genannt Alzette 2, ass 2.700 Meter laang a geet vun der Gemengegrenz mat Ettelbréck bis un d'Amëndung vun der Atert am Géier. D'Lous 2, genannt Alzette 3, ass 1.200 Meter laang, a geet vun der Amëndung Atert bis un d'Amëndung vun der Kalbaach, wat och d'Gemengegrenz zur Kruuchter Säit ass. D'Lous 3 betrëfft d'Kiselbaach a reecht vun ënne vun der Uelzecht 3.000 Meter laang bis un d'Grenz mat Steeën, déi heiteg Gemeng Ärenzdall.

De Syndikat besteet aus dem President, 1 oder 2 Assessoren an engem Sekretär-Keessjee. D'Fëscherei ass laut de Reglementer vun Eaux et Forêts ëmmer op 10 Joer versteet ginn, an op deem Datum koum et dann och alt zu enger personeller Neibesetzung am Syndikat. Hei dann d'Oplëschtung vun de Responsabilitéite vun 1964 bis haut.

| Period | President | Assessor 1 | Assessor 2 | Sekretär-Keessjee |
|---|---|---|---|---|
| 1965-1974 | Hubert Schlechter | Paul Goerens<br>Pierre Weber | Michel Weiler<br>Johann Stirn | Nic Stirn |
| 1974-1983 | Michel Weiler | Paul Goerens<br>Eugène Mohr | Camille Wagner<br>Henri Dondlinger | Léon Moureaud |
| 1983-1992 | Paul Goerens | Michel Weiler | Emile Tibessart | Léon Moureaud |
| 1992-2001 | Paul Goerens | Emile Tibessart | Nico Garson | Gast Michels |
| 2001-2010 | Emile Tibessart | Nico Garson | Tom Gries | Gast Michels |
| 2010-2019 | Emile Tibessart | Tom Gries | Marc Schmitz | Gast Michels |
| 2019-2028 | Eric Thill | Romain Goerens | Johny Lanckohr | Michel Putz |

D'Repopulatioun mat Aussetze vu jonke Fësch ass duerch d'Bestëmmunge vun Eaux et Forêts festgesat, mee dozou musse een awer soen, dass d'Fëscherei hei am Land nit méi extrem intressant ass, an dat ass bedéngt duerch déi niddreg Waasserstänn nit nëmmen am Summer, mee och well Kormoran a Fëschreier ënner Naturschutz stinn a sech duerfir immens ausgebreet hunn. Si verdillegen déi ausgesate Fësch sou séier, wéi se ausgesat ginn.



Emile Tibessart


Eric Thill

Wat elo d'Piechter vun deene verschiddene Lousen ugeet, sou kann ee soen, dass déi zwee Louse vun der Uelzecht mat e puer Ausname praktesch ëmmer vum Sportfëscherclub vun Ettelbréck gesteet goufen. D'Kiselbaach huet just 3 Piechter gehat, an dat waren der Rei no Henri Fischbach, Ed Schenten a Jacques Winandy. Vun 2010 un huet d'Kiselbaach awer nit méi an der Stee figuréiert, dat wéinst ze niddregem Waassepeegel an deementspriechend schlechten Iwwerliewenschancë fir d'Fësch.

Zum Schluss awer nach en Zitat vum fréiere Schoulmeeschter Antoine Bourkel, dee Fëschen sou definéiert huet: „Vir mam Wuerm an hanne mam Eefalt."

# Réckbléck op d'Europawahlen an dem Charel Goerens säi super Resultat



*Lors des dernières élections européennes également un des habitants de Schieren se présentait au vote. Député européen depuis 1982 (avec quelques interruptions) Charel Goerens a non seulement obtenu un score extraordinaire au niveau de notre commune mais bien également au niveau national. Son résultat fantastique a permis à son parti de sortir vainqueur de ces élections et a permis au parti d'obtenir un deuxième siège au Parlement européen.*



Knapp 4 Méint no den Europawahlen ass et jo nach net sécher, ob d'Kommissioun vun der Mme von der Leyen déi néideg Majoritéit am Europaparlament kritt; mee et weist eis, dass et nach net ze spéit ass, fir eng kleng Analyse ze maache vun de Resultater op kommunalem an nationalem Plang.

Et geet hei net drëm, eng Partei méi erauszehiewen wéi eng aner, mee de Fokus läit um fantastesche Resultat vum Goerense Charel an et ass sécher derwäert, fir nach emol am Detail hei drop zréckzekommen. Duerfir fannt Der hei och net all d'Resultater vun all de Parteie mee just déi vun den Haaptparteien an hire Spëtzekandidaten.

Ier mer zu de Resultater kommen, sief nach gesot, dass vun 1.027 ageschriwwene Wieler der 903 hir Stëmm ofginn hunn. Dovu waren awer just 806 Ziedele gülteg. Och hate sech 212 Wieler fir d'Bréifwahl entscheet.



Zu Schieren hat d'DP dat bescht Resultat landeswäit mat 37,79 %.

Hannendru waren der Rei no:

| | | |
|---|---|---|
| CSV | mat | 22,52 % |
| Déi Gréng | mat | 13,94 % |
| ADR | mat | 7,54 % |
| LSAP | mat | 6,25 % |
| D'Piraten | mat | 6,16 % |
| an déi 4 aner Parteien | mat zesummen | 5,81 % |

De Charel krut zu Schieren 644 Stëmmen an domat 38,56 % vun all de Stëmmen, déi d'DP krut. Déi zweetmeescht Stëmme mat 300 ware fir d'Monica Semedo an déi drëttmeescht ware fir de Christophe Hansen vun der CSV mat 287 Stëmmen.

Op Landesniveau da krut de Charel Goerens 97.445 Stëmmen an hat domat e risege Virsprong vun 34.823 Stëmmen op den Zweeten.

Déi aner 9 mat de meeschte Stëmme waren:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 2) | Christophe Hansen | CSV | 62.622 |
| 3) | Tilly Metz | Déi Gréng | 55.359 |
| 4) | Monica Semedo | DP | 50.980 |
| 5) | Isabelle Wiseler-Lima | CSV | 49.496 |
| 6) | Gast Gibéryen | ADR | 43.092 |
| 7) | Meris Sehovic | Déi Gréng | 41.679 |
| 8) | Nicolas Schmit | LSAP | 39.000 |
| 9) | Stefano D'Agostino | CSV | 38.288 |
| 10) | Lina Felten-Kraus | CSV | 35.219 |

Domat hat hien entscheedend derfir gesuergt, dass d'DP als stäerkste Partei aus dëse Wahlen erausgaang ass:

| | | | |
|---|---|---|---|
| DP | 21,44 % | 2 Sëtz | + 6,67 % |
| CSV | 21,1 % | 2 Sëtz | - 16,55 % |
| Déi Gréng | 18,91 % | 1 Sëtz | + 3,9 % |
| LSAP | 12,19 % | 1 Sëtz | + 0,44 % |
| ADR | 10,04 % | kee Sëtz | + 2,5 % |

BRAVO CHAREL

*GB*

# Borkenkäfer- und Kahlschlagproblematik

Die Wälder Europas setzen sich aus vielen verschiedenen Baumarten zusammen. Wie immer und überall ist auch in den Wäldern der stetige Wandel die Konstante. Fichten prägen seit über hundert Jahren das Bild von vielen Wäldern in Teilen Mitteleuropas. Allerdings steht die Fichte in unseren Breiten vor großen Herausforderungen, ihr Überleben in unserer Gegend ist ungewiss.



Besonders die Fichte leidet momentan unter 2 Faktoren, welche ihr massiv zusetzen. Dies sind die langwährende Trockenheit und der Borkenkäfer. Dabei sind Borkenkäfer ein natürlicher Bestandteil von Waldökosystemen und weisen uns in vielen Fällen auf Missstände der Vergangenheit hin. Ein Großteil unserer Fichtenwälder wurde nach dem Krieg und bis in die 60er Jahre des 20. Jahrhunderts angepflanzt. Die Fichte galt als Brotbaum. Viele Privatleute erhofften sich durch die schnellen Umtriebszeiten noch in ihrem eigenen Leben einen finanziellen Ertrag. Als Beispiel: eine Eiche wächst mehrere Hundert Jahre, bevor sie erntereif ist. Fichten sind bei guter Pflege bereits nach 50-60 Jahren erntereif. Nach den Schlachten des 2. Weltkrieges waren viele unserer Wälder und Dörfer zerstört. Dabei wurde Holz als Baumaterial dringend für den Wiederaufbau der Dörfer benötigt. Daher wurden viele Fichten angepflanzt, um im Falle eines erneuten Krieges Holz zur Verfügung zu haben für den Wiederaufbau. Als Folge entstanden besonders im Privatwald, welcher mehr als die Hälfte des Luxemburger Waldes ausmacht, Monokulturen, d. h. eine Kultur setzt sich aus nur einer Baumart zusammen. Nachteile einer solchen Monokultur sind bspw.: wird die eine Baumart krank, ist der ganze Wald krank, stirbt die eine Baumart ab, stirbt der ganze Wald ab. Wird das Holz der einen Baumart nicht gefragt, gibt es keinen Absatz für das Holz, Monokulturen bilden monotone Lebensräume. Daher wird heute auf artenreiche Mischwälder gesetzt. Dieser Wald setzt sich aus mehreren Baumarten zusammen. Vorteile sind bspw.: wird eine Baumart krank, bilden die anderen Baumarten noch immer einen



gesunden Wald, stirbt eine Baumart ab, garantieren die verbleibenden Baumarten das Fortbestehen des Waldes mit seinen vielfältigen Lebensräumen. Zu allem Überfluss wurden viele dieser Monokulturen auf Standorten angepflanzt, welche für die Fichte nicht geeignet sind wie bspw. auf Kuppen, auf südexponierten Flächen oder in Quellbereichen.



Der Borkenkäfer kann zu einer gewissen Dynamik im Wald beitragen, indem er durch seinen Befall und das Absterben einiger Bäume teils kleinere Flächen lichtet. Von solchen Lichtungen profitieren wiederum viele andere Tier- und Pflanzenarten. Das dabei entstehende Totholz bietet Lebensraum und Nahrungsangebot für viele teils seltene Tiere und Pflanzen. Allerdings ist der Befall in den letzten Jahren massiv aufgetreten, größere Flächen mussten abgeholzt werden. Dies wiederum ist unerwünscht, da der Waldboden unter großen Kahlschlägen leidet. Des Weiteren sind erhebliche ökonomische Schäden entstanden, da der Holzpreis massiv gesunken ist. Der Preis im Handel wird bestimmt durch Angebot und Nachfrage. Durch die vielen Kahlschläge von Fichtenwäldern in ganz Europa ist der Markt überschwemmt von Holz, d. h. dass ein Überangebot vorhanden ist. Dies drückt den Preis des Holzes. Teilweise ist der Holzpreis um mehr als 60 % eingebrochen. Für viele Privatwaldbesitzer fällt der erhoffte Ertrag aus, auf den sie oder ihre Vorfahren über einen langen Zeitraum hingearbeitet haben.


Borkenkäfer befallen bevorzugt geschwächte oder absterbende Bäume. Da die Fichten jedoch durch die Trockenheit geschwächt sind, teilweise in großen Monokulturen vorkommen und der Borkenkäferbefall massiv ist, befallen diese jedoch auch gesunde Bäume. Der Borkenkäfer hat natürliche Feinde wie bspw. Spechte oder Ameisenbuntkäfer. Allerdings können diese seine Massenvermehrung nicht verhindern.

In den Wintermonaten ist der Borkenkäfer inaktiv. Er überwintert in befallenen Stämmen oder in der Bodenstreu. Seine Ausbreitung findet in den Monaten April bis Oktober statt. Die Männchen bohren sich durch die Rinde der Fichten und locken über Pheromone Weibchen und weitere Männchen an. Nachdem die Eier abgelegt wurden, schlüpfen nach ein bis zwei Wochen die Larven. Der Larvenfraß erfolgt unter der Rinde, senkrecht zu den Holzfasern. Dabei werden die Leitbahnen zerstört, welche das Wasser von den Wurzeln zur Krone und die in der Krone gebildeten Assimilate zu den Wurzeln transportieren. Die Fichte stirbt in der Folge ab.

Um dem Borkenkäfer entgegenzuwirken, braucht es intensive Kontrolle des Waldes und schnelles Handeln im Falle eines Befalles. Im Idealfall werden die befallenen Bäume sofort aufgearbeitet, dem Wald entnommen und abtransportiert. Bäume, welche bereits ihre Rinde verloren haben, stellen keine Gefahr mehr dar, in ihnen sind keine Borkenkäfer mehr vorhanden. Diese Bäume sind entwertet und können im Wald als Totholz verbleiben, insofern von ihnen keine Gefahr für Dritte ausgeht, bspw. entlang von Wanderwegen.

Früher wurden die Rinde und Äste der befallenen Bäume im Wald verbrannt. Abgesehen von der hohen Waldbrandgefahr ist dieses nicht mehr zu empfehlen. Der gesetzliche Rahmen erlaubt das Verbrennen von Schlagabraum nur noch bedingt. Dabei muss ein Antrag gestellt und motiviert werden. Des Weiteren müssen Kahlschläge ab einer Fläche von 50 Ar im Rahmen des Naturschutzgesetzes vom 18. Juli 2018 beim zuständigen Minister beantragt werden.






Auch der Schierener Gemeindewald ist von dem massiven Borkenkäferbefall betroffen. So wurde in einem Zeitraum von 5 Jahren (2014 -2019) bereits eine Fläche von insgesamt 6 ha Fichtenmonokultur kahlgeschlagen. Diese entstandenen Kahlflächen werden teilweise der natürlichen Sukzession überlassen und teilweise mit einheimischen standortgerechten Mischwäldern wieder angepflanzt. Prinzipiell ist von Kahlschlägen jedoch abzuraten, sie sollten nur als letzte Möglichkeit in Betracht gezogen werden. Kahlschläge erweisen sich zu Beginn oft als „einfachste" Lösung, beinhalten jedoch viele Nachteile, bspw.: der nackte Waldboden ist starker Sonneneinstrahlung und Erosion ausgesetzt, Verlust von Lebensraum, Wachstum „unerwünschter" Arten, erhöhte Folgekosten.

Die Naturverwaltung hat eine „Handlungsempfehlung für das Borkenkäfermanagement" ausgearbeitet. Diese können Sie gerne beim zuständigen Förster anfragen. Für weitere Fragen steht Ihnen der zuständige Revierförster Schneider Gilles gerne zur Verfügung, Tel.: 621 202 159.

*Text + Fotos:*
*Gilles Schneider*

## Zusammenwachsen in der Nordstad







Gleich fünf Vertreter des Innenministeriums sowie jeweils ein Mitglied aus jedem Schöffenrat der fünf Nordstad-Gemeinden (Bettendorf, Erpeldingen-an-der-Sauer, Ettelbrück, Diekirch, Schieren) waren Anfang Juli in der „Aler Seeërei" in Diekirch vor ihre Bediensteten getreten. Eingangs gaben Vertreter des Innenministeriums in einer längeren Ausführung Erklärungen zur Umsetzung einer Gemeindefusion ab. Dabei wurde der Weg von den „Workshops" der diversen Arbeitsgruppen bis zur Verabschiedung des Gesetzes zur Fusion beleuchtet. So ist auf dem Weg zum Zusammenschluss von Gemeinden ein Referendum unter der Bevölkerung der beteiligten Gemeinden gesetzlich vorgeschrieben; das Resultat ist bei einem negativen Ausgang allerdings bei der endgültigen Abstimmung zur Fusion nicht entscheidend. Im zweiten Teil standen dann die politischen Vertreter der jeweiligen Gemeinden Rede und Antwort. Die Frage, wann die Fusion abgeschlossen sein soll, beantwortete Pascale Hansen, Bürgermeisterin Bettendorfs und Moderatorin der Versammlung, mit: „Best case wäre vor der nächsten Gemeindewahl. Diese ist im Juni 2023." Beim Zusammenschluss der fünf Gemeinden aus dem Nordstad-Raum wird es sich um die größte Fusion in Luxemburg handeln, die bisher getätigt wurde. In der Vergangenheit gab es lediglich Zusammenschlüsse zweier und in einem Fall dreier Gemeinden. In der zukünftigen Nordstad werden 24.000 Einwohner leben. „Wir werden stark werden. Als große Gemeinde können wir uns besser Gehör verschaffen", schlussfolgerte Claude Gleis, Bürgermeister von Erpeldingen-an-der-Sauer.

*Text & Fotos: Romain Heckemanns*

## IVV-Wanderung mat Passage zu Schieren

De 4. August haten d'Ettelbrécker Wanderfrënn hiren IVV-Summer-Marsch erëm organiséiert a wéi esou oft si verschidde Strecken a Richtung Schieren definéiert gewiescht. Et waren 1.263 Leit um Start a Schieren gouf erëm mat vill schéinen Ausblécker presentéiert. Mir wëlle profitéieren, fir der Gemeng an och dem Tennis Club Merci ze soe fir hir Ënnerstëtzung. Mir haten eigentlech geduecht, dass mer op der Terrass vum Tennis kéinten eng roueg Kontroll installéieren, wou d'Wanderer e Patt kënnen huelen oder eppes Klengs iessen. Dëst Joer war awer alles e bësschen anescht, well deselwechte Weekend war jo de Museksfestival um Birtrengerschlass an de ganze Sport-Areal war dann och nach als Camping-Zon definéiert ginn. Am Ufank wousst een net direkt, wat do op een duer géif kommen, mee wann een zréckbléckt, muss ee soen, dass dat awer schonn eng flott a lieweg Ambiance war an d'Wanderung weider net gestéiert gouf. Et waren och alt Gespréicher méiglech, esou dass een dee klengen Austausch zu de verschiddenen Aktivitéite muss positiv gesinn.

Wat IVV-Wanderunge betrëfft, hei e puer Infoen, déi vläicht deen een oder deen anere motivéiere fir matzemaachen.

Iwwert d'Joer sinn duerch d'ganzt Land meeschtens samschdes oder sonndes esou Wanderungen organiséiert. Et kann ee vu 7:00 bis 14:00 Auer fortgoen. Jidderee ka matmaachen (als Member vun engem Veräin oder net) an et gi Strecke vun z. B. 5, 10, 20 oder méi km ugebueden. Déi Strecke si gezeechent, esou dass een net no dem Wee muss sichen. Start an Zil ass meeschtens an engem Centre culturel oder enger Sportshal, wou een da mëttes och eppes fir den Honger an den Duuscht ugebuede kritt. D'Startgeld, wat muss bezuelt ginn, ass 1,5 € an et kann een och seng gewandert km oder seng Participatioun un dem Marsch enregistréiere loossen. Et geet bei deem Ganzen drëm, dass jiddereen a sengem Rhythmus an op senger ausgewielter Distanz eng flott Zäit an der Natur verbréngt, vläicht och Ecker vum Land kenneléiert, wou ee soss ni géif hikommen a kierperlech natierlech och e klengen Effort mécht.

Fir weider Infoe kënnt Der nokucken op www.flmp.lu oder bei de Wanderfrënn Ettelbréck nofroen: President Jean-Paul Zeimes zeimesjp@pt.lu

*Fir d'Wanderfrënn Ettelbréck / Jean Paul Zeimes*

# Klimapakt-Nachrichten der Gemeinde Schieren 09/2019


KlimaPakt
meine Gemeinde engagiert sich

## Radfahren wird attraktiver

Radfahren ist gesund und umweltfreundlich. Mit jeder Strecke, die nicht mit den Auto, sondern mit dem Rad zurückgelegt wird, tut man nicht nur etwas für seine Gesundheit, sondern reduziert auch die $CO_2$- und Lärm-Emissionen und leistet damit einen im wahrsten Sinne des Wortes „aktiven" Beitrag zum Klimaschutz. Das Klimateam möchte daher das Fahrrad als alternatives Verkehrsmittel im Alltag für die Bürger in Schieren attraktiver machen.

Eine Fahrt mit dem Drahtesel von Schieren nach Ettelbrück oder Ingeldorf dauert beispielsweise etwa 10 Minuten. Von der eigenen Haustüre bis zum Schulzentrum oder der Sporthalle ist man deutlich kürzer unterwegs. Und mit Unterstützung eines Elektromotors (Stichwort „Pedelec" bzw. E-Bike) kann der Aktionsradius deutlich erweitert werden.

Es werden zur Zeit eine Reihe von Maßnahmen zur Verbesserung der Radinfrastruktur umgesetzt bzw. geplant, um die Attraktivität des Fahrrads als Verkehrsmittel im Alltag zu erhöhen. So können Fahrgäste der CFL bereits jetzt ihre Räder sicher in einer der m-Boxen am Bahnhof Schieren bzw. Colmar-Berg unterbringen und in den Zug umsteigen. An der Schule und den Sportplätzen werden überdachte Fahrradabstellanlagen installiert. Die bereits bestehenden Abstellanlagen an anderen öffentlichen Plätzen werden durch neue und hochwertigere Bügelsysteme ersetzt. Im Bereich „Porte de Schieren" wird in den nächsten Jahren eine Unterführung der Zugstrecke für Fußgänger und Radfahrer realisiert. Eine zweite Unterführung in der Rue du Moulin ist in Planung.




Kernstück eines sicheren und damit attraktiven Radverkehrs in der Gemeinde Schieren ist ein gut ausgebautes Radwegenetz. Im Augenblick besteht nur der nationale Radweg PC 15. Er verläuft von Ettelbrück kommend durch die Gewerbezone weiter Richtung Colmar-Berg. Das nationale Radwegenetz zielt in erster Linie auf die Freizeitnutzung insbesondere durch Touristen. Es wird auch gerne von Radsportlern in Anspruch genommen. Insbesondere der Abschnitt innerhalb des Gewerbegebietes ist jedoch nur bedingt attraktiv und aufgrund des LKW-Verkehrs auch nicht ungefährlich. Auf Wunsch der Gemeinde überprüft die Straßenbauverwaltung zur Zeit, ob der PC 15 auf eine Trasse entlang der Alzette verlegt werden kann. Die Umwelt- und Mobilitätskommission unterstützt den geplanten Ausbau der Radwege in der Gemeinde. Die Vorschläge wurden bereits zum Teil im neuen Bebauungsplan (PAG) berücksichtigt und auch in das kürzlich vorgestellte Gutachten zum Radverkehr in der Nordstad übernommen. Es bleibt zu hoffen, dass sie bald verwirklicht werden.

Die Karte zeigt das wünschenswerte Radwegenetz und die Lage der Fahrradabstellanlagen in der Gemeinde. Der bestehende nationale Radweg PC 15 ist orange und die geplanten Radwege rot dargestellt. Die Straßenbauverwaltung prüft zur Zeit auf Wunsch der Gemeinde die Verlegung des PC 15 auf eine Trasse entlang der Alzette.

*Manfred Berger*

Den Evy Friedrich ass den 30. Abrëll 1910 zu Lëtzebuerg gebuer an ass den 30. Juli 1989 gestuerwen. Hie war Journalist, Filmemécher, Editeur a Chronist. Néng gréisser Wierker huet hie geschriwwen, dorënner och d'Kalennerblieder, 5 Bänn, déi tëschent 1978 an 1985 erauskomm sinn; déi huet hien och an den achzeger Joeren um Lëtzebuerger Radio als Kuerzgeschichte virgedroen. Eegenen Aussoen no huet hien dat als eng Zort Virleefer vun engem Lexikon iwwer Lëtzebuerg ugesinn. Dëse Reportage faasst alles zesummen, wat hien doran iwwer Biertreng am Allgemenge geschriwwen huet.

# Birtrange 1: Kalennerblieder



**Eng al Foto vum Biertrenger Schlass**

Ces livres au nombre de 5 sont parus dans les années 1970-1990 et traitent d'un sujet historique, d'une légende, d'une anecdote ou d'une blague tout court pour un événement au Luxembourg ou à l'étranger, mais ayant une relation quelconque avec le Grand-Duché, et cela pour tous les 365 jours de l'année. Ces événements se situent dans la majorité entre les années 900 jusqu'à 1950. Leur but, d'après l'auteur, est d'intéresser les gens pour notre histoire, notre passé, mais d'une manière la moins ennuyante possible.

## 1. 16 avril 1832 : Le Duché devient Grand-Duché

En 1830 la question se posait, si le Luxembourg restait sous le roi Guillaume Ier de Hollande ou s'il deviendrait une province de Belgique. Les Belges venaient d'achever leur révolution et ils s'étaient détachés des Hollandais. Au Luxembourg, il y avait deux tendances tout à fait contraires. Parmi les fervents belges, il y avait Norbert et Charles Metz d'Eich, Jurion et Simonis de Diekirch, Dams de Remich et Ledure de Mondorf. Auparavant il y avait aussi des Luxembourgeois allant protester avec les Belges contre les Hollandais. Les grands d'Europe étaient rapidement d'accord entre eux à Londres, de séparer la Hollande et la Belgique, mais par contre la question luxembourgeoise n'était pas du tout clarifiée.

Guilaume Ier n'était pas d'accord de vendre le Luxembourg à la Belgique, comme cela avait été proposé à Londres. Il a continué avec ses attaques contre la Belgique et il

n'a arrêté que quand la France menaçait d'intervenir en faveur de la Belgique. Là seulement il était d'accord, que les provinces de Limbourg et de Luxembourg seraient accordées l'une à la Hollande, l'autre à la Belgique. Ce que l'on appelle aujourd'hui la province belge de Luxembourg fut accordé à la Belgique, et le reste, appelé Grand-Duché de Luxembourg, restait du côté de la couronne hollandaise. Le contrat fut seulement exécuté en 1839, et les troubles persistaient jusqu'à cette date. Tout le territoire luxembourgeois restait sous le régime belge, à l'exception de la Ville et de la forteresse de Luxembourg.

Il y avait divers incidents ici et là. Un tel était, quand la bande du Baron de Tornaco de Sanem, partisan des Hollandais, a fait prisonnier le gouverneur Thorn d'Arlon le 16 avril 1832 et l'a fait emmener dans la forteresse. Finalement, en 1839, Guillaume Ier était prêt à exécuter les stipulations du traité de Londres. Il est amusant que le Luxembourg, amputé d'une grande partie de ses territoires, passait du rang de Duché au rang de Grand-Duché. Mais, en devenant plus petit, le Luxembourg devenait aussi plus uni, et les Luxembourgeois ont commencé à se sentir Luxembourgeois et rien d'autre.

## 2. 2 août 1748 : Les lavoirs de minerai de fer de Mersch

Dans les archives du Conseil Provincial se trouve un dossier du 2 août 1748 qui concerne les lavoirs de minerai de fer de Mersch. En 1659, Peter Ernst de la Veltz, le seigneur de Mersch et Heffingen, a donné la permission au patron de la forge de Berg, à savoir Jean Piret, de faire extraire et de laver sur les territoires de Mersch du minerai de fer, mais seulement la quantité nécessaire pour faire tourner ses fours. Il devrait alors dédommager les propriétaires des terres. Une somme annuelle pour cette permission était fixée en surplus. Quand alors St-Maximin a aussi fait valoir ses droits de territoire, cette somme a été réduite.

Les successeurs immédiats de Jean Piret étaient un certain Gauthier, suivi par la famille de Blochausen. On a continué à extraire toujours plus de minerai, et la commune de Mersch a pris la décision de construire ses propres lavoirs. Cela faisait un total de huit, et la commune de Mersch a gagné pas mal d'argent par cette opération. Des lavoirs supplémentaires ont été érigés à Bissen, Fischbach, Bollendorf et Dommeldange.

Quand en 1717, de Blochausen ne payait pas le tarif demandé, la commune a dès lors fait une adjudication annuelle, et l'Administration à Luxembourg donnait son accord. Mais plus tard, quand le fils de Blochausen a pris la succession de son père en 1776, il y a eu des divergences d'opinion, parce que de Blochausen prétendait qu'un des lavoirs de Mersch appartenait à sa famille. L'affaire traînait pendant deux années avec expertises et contre-expertises, avec comme résultat que Mersch sortait victorieux de ce contentieux. Mais tout ce procès ne valait pas grand-chose, parce que s'en était bientôt terminé avec l'industrie du minerai de fer dans cette région.

## 3. 22 janvier 1850 : Schieren et Erpeldange deviennent communes indépendantes

Le 22 janvier 1850, Schieren et Erpeldange sont devenues indépendantes. Les 2 communes n'ont pas joué de rôle primordial dans notre histoire, mais il y a quand même des choses intéressantes qui se sont passées dans ces 2 localités.

C'était à Schieren, où la bande du Baron de Tornaco, sous la direction du futur ministre d'État Victor de Tornaco, a été sévèrement battue par une alliance de garde forestiers, de douaniers et de gendarmes. Cela se passait le 25 décembre 1831, et la raison était que de Tornaco prenait le parti des Hollandais et non pas celui des Belges. Et puis, tout le monde sait que le nom de Schieren devait prêter son nom pour le bon rime de la chanson populaire « Bim Bam Bieren, d'Klacke lauden zu Schieren ».

Quant à Erpeldange, cette localité a un passé historique plus grand, car en 1860 on y trouvait les fondations d'un pont romain (NdlR : M. Friedrich ne savait probablement rien du grand passé romain de Schieren). À ce temps-là vivait à Erpeldange le curé Joseph Kalbersch, qui s'en prenait surtout au désabus de l'alcool. En 1853 il éditait chez Schroell un livre en 2 tomes sur le bon et le mauvais usage de l'alcool. Mais il a aussi publié pas mal de choses sur le mouvement révolutionnaire d'Ettelbruck en 1848. Comme curiosité d'Erpeldange, où il y a aussi un beau château contenant probablement les cheminées les plus précieuses de Luxembourg, on peut citer encore un batardeau dans la Sûre, et qu'avant la 2e Guerre mondiale, les petits poissons avaient toutes les peines du monde pour y passer. Mais les poissons avaient trouvé un bon avocat pour leur cause en la personne du député local Fränzchen Ierpeldeng, qui tenait chaque année son plaidoyer à la Chambre des Députés, qui était apparemment une des attractions les plus amusantes dans cette atmosphère plutôt austère.

## 4. 24 septembre 1799 : La Forge de Berg

Le meunier Florent Kintz de Berg avait dans le temps des problèmes relationnels avec le curé de Bissen, et ce parce que Kintz faisait travailler le dimanche. Le 24 septembre 1799 il fournissait au Conseil Provincial des explications à ce sujet. Il a écrit que son moulin était au bord de l'Attert et que pendant la semaine, il ne pourrait pas faire tourner son moulin, parce que la forge de Berg utiliserait toute l'eau disponible.

Cette forge avait été érigée par Jean Piret-Gall, seigneur de Sainte-Aude et d'Amberloup, en 1665 ensemble avec le château. Elle était reprise par une de ses petits-enfants, à savoir Suzanne-Lambertine Piret, qui s'est mariée quelques années plus tard avec Jean-Baptiste de Blochausen. Après la mort de ses parents, Jean-Mathias Blochausen a

continué, et après lui c’était son frère. La fille de ce dernier, Hyacinthe, s'est mariée avec le Baron Claude-Amour du Pasquier de Dommartin, qui, lui, a vendu la forge en 1845 au Roi-Grand-Duc.

Un deuxième haut fourneau et deux fours à coupole ont été construits. En 1862, les frères Charles et Bernard Servais ont repris la forge en location, et ils ont utilisé du minerai en provenance de Mersch, Cruchten, Moestroff et Reckange. Mais la forge a dû arrêter ses activités en 1877, quand l’industrie du minerai de fer se répandit dans le bassin minier. Sur ce terrain, où il y avait auparavant les hauts fourneaux, la compagnie Majerus et Schoeler avait déjà en 1863 démarré avec une fonderie combinée avec un atelier de construction, qui y ont opéré jusqu’en 1920. Les Blochausen de Berg possédaient aussi un haut fourneau à Rollingen près de Mersch, qui allait aussi être vendu au Roi-Grand-Duc. Celui-là n’existe plus à cet instant, mais une place y est toujours appelée « d’Schmelz ».

## 5. 28 mai 1747 : La fonderie de Colmar

Devant le notaire Felten, un contrat fut signé le 28 mai 1747, qui traitait de travaux à exécuter sur un pont appelé Crumbrücke et la construction d’un quai, pour y laver du minerai de fer. Car il y avait à Colmar une fonderie depuis 1655, qui avait été construite par Jean Piret, qui était déjà propriétaire de telles installations à Sainte-Aude et à Amberloup. Piret avait construit aussi un château à cet endroit, qui a été démoli au moment de la venue de Goodyear ici, en 1960.

Une demoiselle Piret du nom de Suzanne-Lambertine s’était mariée en 1708 avec le Capitaine Baptiste de Blochausen, qui par ce mariage devenait propriétaire de la fonderie. Le minerai provenait de Colmar, où aujourd’hui encore existe le nom de « op den Ierzkaulen », mais aussi de Mersch, Moestroff et de Reckange. Le minerai contenait entre 25 et 55 pourcent de fer suivant la provenance. La fonderie était chauffée avec du charbon de bois de la région. Par tonne de fer on avait besoin de 16, 5 tonnes de bois, donc on peut s’imaginer combien de forêts ont disparu pendant 200 ans d’exploitation de la fonderie. Du temps du contrat de 1747, la production annuelle de fer était de 300 tonnes environ, dont la plus grande partie allait en Angleterre.

La famille de Blochausen a acheté en 1764 le haut fourneau de Rollingen, et en 1845 Hyacinthe de Blochausen a vendu le tout, à savoir les fonderies de Colmar et de Rollingen ainsi que le château au Roi-Grand-Duc Guillaume II. Les activités de l’entreprise, séparées en 1862 suite à un héritage, ont continué jusqu’en 1877, avec à partir de 1862 les frères Servais de Hollerich et Weilerbach comme locataires. La construction de machines par contre par la compagnie Majerus et Schoeller a continué ses activités jusqu’en 1920, et de l’usine restaient encore un moulin-scierie et un batardeau.

## 6. 5 septembre 1679 : Les couvreurs de paille

Un couvreur de paille de Selscheid, Jean Barthels, a déclaré le 5 septembre 1679 devant le notaire Jean Berg, que Pierre Lorenz, auparavant curé à Kaundorf, et qui avait maintenant la paroisse de Niederwiltz, lui avait fait la commande de couvrir la maison de curé de Kaundorf en partie avec de la paille et une autre partie avec des ardoises, et que lui aurait exécuté cet ordre. On peut supposer qu’il n’avait pas été payé.

Le métier de couvreur de paille était jadis une profession qui rapportait bien, et à travers tout le pays il y avait des maisons appelées « a Stréideckesch ». En effet jusqu’en 1800, les toits des gens moins riches étaient couverts de paille, qui avait l’avantage d’être bien frais en été, bien chaud en hiver et qui assurait une bonne circulation d’air. Les toits ont dû être construits avec une pente aiguë, pour bien faire évacuer l’eau de pluie. Pour éviter au mieux les incendies, on utilisait du « Schuefstréi », c.-à-d. de la paille impregnée de terre glaise et d’eau. Cette paille avait été battue à la main, puis était assemblée sur un chevalet en bois, où elle était assemblée en plusieurs couches avec la précaution de bien faire attention à la direction des épis.

Tout de même, le toit en paille était un grand risque d’incendies, et la suite de plusieurs incendies était l’interdiction le 10 juillet 1845 d’utiliser encore de la paille pour couvrir les toits. Cependant, les gens qui avaient pris cette décision, ne s’étaient pas rendu compte du facteur coût de cette décision pour les gens pauvres à la campagne. La réaction de ces gens était véhémente sur-le-champ et persistait jusqu’en 1848, où cette loi fut de nouveau abolie. Le Chancelier d’État Prosper de Blochausen était la cible de ces protestations et le peuple lui avait donné le surnom de « Stréidecker ». Les gens n’ont pas cessé ces protestations jusqu’à ce que le Roi-Grand-Duc revoquait de Blochausen.

Avec les années, les toits couverts de paille ont cependant disparu, et si aujourd’hui on en voit encore ici et là, alors la maison appartient à une personne riche. Les toits des gens pauvres d’antan sont devenus les toits des gens riches d’aujourd’hui.

## 7. 14 mars 1848 : Troubles à Ettelbruck

Il y avait un grand énervement à Ettelbruck à la date du 14 mars 1848. Pendant la nuit du 12 au 13 il y a eu à Luxembourg une grande action pour coller des affiches ou de remettre des publications dans les boîtes aux lettres avec les formulations à l’image de ce qui s’était produit deux semaines auparavant à Paris. Il s’agissait du programme révolutionnaire établi probablement par le premier chef des socialistes luxembourgeois, à savoir Charles Théodor André, et les points primordiaux en étaient : fin du régime monarchique absolutiste, arrêt du régime des collaborateurs de la monarchie, établissement d’une Constitution


démocratique, liberté du droit de réunion, mesures sociales pour améliorer la condition de la classe ouvrière.

Ces paroles ont abouti dans la population, et ceci aussi à Ettelbruck. Là se tenait justement le grand marché annuel, et beaucoup de paysans et d'ouvriers étaient présents, et ils se manifestaient. Contre la liste civile du roi, qui se chiffrait à 150. 000 guinées et qui dévorait presque le total de l'impôt foncier, contre une augmentation du salaire du Chancelier d'État Prosper de Blochausen. Le gouvernement a envoyé d'urgence des gendarmes à Ettelbruck, et même un des deux bataillons de chasseurs, stationné à Echternach, a été appelé et se trouvait en état d'alerte à Diekirch. À l'approche de tous ces uniformes, il y a eu des chocs et des arrestations ; même à Feulen, Schieren, Bissen, Ospern, Reichlange et dans d'autres localités, les gens ont crié « Vive la République » et ils ont affiché la tricolore, symbole de la Révolution. Au cours d'une semaine, tout le pays était en état de rébellion. Les soldats se sont mis en marche contre la population à la date du 21 mars. Deux jours plus tard, Ettelbruck était sous le contrôle des militaires, et le 27 mars ils avaient repris la suprématie. Mais il y a eu quand même un résultat : le 14 juin, trois mois après les événements d'Ettelbruck, les Luxembourgeois ont obtenu une nouvelle Constitution plus libérale.

## 8. 15 mars 1848 : Émeute à Ettelbruck

Le 15 mars 1848 était une journée bien mouvementée à Ettelbruck, et cela avait commencé la veille, grand jour de marché. Une grande manifestation s'était faite suite à la nouvelle répandue que la liste civile, ou autrement dit, l'indemnisation du roi, se chiffrait à 150.000 guinées, soit à peu près l'équivalent du total de l'impôt foncier du pays entier. En surplus, le salaire du Chancelier d'État avait été augmenté de 2.000 guinées, ce qui mettait la flamme au feu dans une période où les agriculteurs ne savaient pas comment financer une nouvelle loi qui les forçait dorénavant de couvrir les toits de leur maison de tuiles à la place de paille, défendue à cause des incendies multiples.

Il y a eu d'abord des petits pépins avec la gendarmerie, et les habitants s'étaient armés de lattes de bois d'une clôture pour faire face à la gendarmerie. Mais ce n'était que le prélude, car le lendemain, 15 mars, les habitants



**D'Schmëtt vu Colmer, eng vun de ville Fonderië vun der Famill Blochausen, um Site vun der heiteger Good-Year**

ont échangé les lattes contre des pioches pour démolir la gendarmerie. C'était encore relativement tranquille jusqu'à midi, mais alors la tricolore française, comme symbole de la révolution et de la liberté, a été hissée sur le clocher de l'église. Le blason grand-ducal fut arrachée de la maison du receveur, qui lui s'était enfui quand un homme demandant le remboursement de ses impôts, enfonça devant lui son marteau dans la table. Devant la maison du brigadier Klein une potence fut érigée. Le sacristain amenait une croix de l'église pour l'installer avec le drapeau sur la tour, puis commencèrent les prières, on tirait avec des calottes et on chantait la Marseillaise. Les gens ont pointé du doigt le crucifix et ils clamaient : « Voilà notre roi, et lui n'a pas besoin d'un salaire de 150.000 guinées ! « Si l'on croit les récits du curé Kalbersch, tel était le déroulement de la révolution à Ettelbruck. Des historiens plus sérieux le racontent un peu différemment.

### 9. 29 mars 1848 : Une Constitution est obtenue par la force

Après les manifestations de mars 1848 à Ettelbruck contre le salaire du Roi-Grand-Duc, qui se chiffrait presque au total des impôts fonciers du pays, et contre les augmentations salariales d'un haut fonctionnaire, une commission fut installée le 24 mars en vue de se concerter pour une révision de la Constitution. Antoine Pescatore en était le président et Charles Metz le secrétaire. Cette commission a pris avec toutes les voix sauf une la résolution que la décision du gouvernement, de convoquer seulement cette commission, ne suffirait absolument pas vu la gravité de la situation. À l'unanimité des voix, la commission a alors déclaré, qu'elle inviterait le roi à déclarer publiquement sa ferme volonté d'assurer au pays une Constitution qui respecterait les désirs du peuple. En même temps, on s'attendrait à ce qu'il convoquerait les différents états avec le double des représentants traditionnels à ce qu'ils élaborent eux-mêmes un projet pour une nouvelle Constitution.

Il semble que le roi ait eu froid aux pieds suite à cette demande, car le jour même encore de l'élection du bureau de la commission, le 29 mars 1848, sortait un arrêté royal ; celui-ci stipulait que les états sous leur statut actuel étaient dissolus. À partir de maintenant, une Chambre serait élue avec le double de représentants pour réaliser la révision de la Constitution. Donc le peuple avait pris le dessus sur le roi et le Chancelier d'État de Blochausen, dont le salaire aurait été augmenté. De Blochausen fut révoqué le 2 avril. Les 74 représentants du peuple se réunissaient déjà le 25 avril à Ettelbruck pour s'occuper du projet de la nouvelle Constitution.

## Kannererënnerungen aus dem 2. Weltkrich

Dans cet article nous décrivons les souvenirs de deux enfants d'un événement qui s'est passé en été 1944. Il s'agissait là d'un avion américain touché par des tirs allemands en train de perdre de la hauteur en survolant le territoire de la commune de Schieren et duquel environ huit soldats américains descendaient en parachute autour de l'Alzette et du château de Birtrange, car l'avion était tout près de s'écraser. Ces deux enfants étaient Marie-Paule Weber, année 1935, et Jean Mons, année 1936. La description se rapporte en majeure partie à un soldat blessé qui se tenait dans la fourche d'un gros hêtre au-dessus du château de Birtrange et que le garde forestier allemand Rothe menaçait de son arme s'il ne descendait pas immédiatement de cet arbre. Nous y avons ajouté quelques anecdotes à part de ces deux personnes en temps de guerre et d'après-guerre.

Fir d'éischt loosse mir d'Marie-Paule Weber zu Wuert kommen, vun deem mer duerch Zoufall gewuer goufen, datt hatt Zäitzeie vun deem Ereegnis war. Zanter Kannesbeen war et säin Häerzenswonsch, d'Biertrenger Schlass vun no ze gesinn, mee déi Geleeënheet hat hatt ni kritt. Dëst Joer am Mee war hatt do an der Géigend spadséieren a stoung bei der Paart vum Schlass, wéi de Jacques van Wassenhove mam Auto ropgefuer ass. No enger gewësser Zäit koum hien erëm, an d'Marie-Paule stoung nach ëmmer do. Hien huet stallgehal an huet gefrot, firwat hatt do sténg, an dunn huet hatt him vu sengem ale Kandheetswonsch erzielt. Ganz spontan huet hien hatt agelueden, fir rop op d'Schlass ze fueren an hatt iwwerall do ronderëm ze féieren. Leider konnte si nit an d'Schlass eragoen, well d'Schlass du schonn als Dotatioun un d'Rout Kräiz gaang war.

Am Gespréich huet d'Marie-Paule him dunn erzielt, datt hatt 1944 op der Plaz war, wéi den amerikaneschen Zaldot an der Gafel vun der décker Buch stoung. Well dat ee vun de Punkte war, deen de Redaktiounscomité vum Louis mam Jacques van Wassenhove opgelëscht hat, fir méi Recherchen ze maachen, huet hien eis doriwwer an d'Bild gesat, a sou koum et zum Interview mam Marie-Paule iwwer seng Krichserënnerungen.

*„Am Summer 1944, ëm d'Mëttesstonn, hunn ech mat mengem Brudder Jeng a mam Will Heinz aus dem Haus vis-à-vis bei eis am Haff gespillt, wéi e Fliger vun Noumer erfort hanne laanscht d'Duerf am Déiffluch Richtung Biertrenger Schlass geflunn ass. De Fliger war vun däitsche Geschosser getraff ginn a konnt all Ament um Buedem opschloen. Du sinn ongeféier aacht Zaldote mam Fallschierm erausgesprong. Mir sinn dunn de Härewee rof iwwert d'Eisebunn an iwwert d'Baronsbréck, déi spéiderhi vun de Preise gesprengt ginn ass, rop bei d'Schlass gelaf.*

*Du koum de Fritz Zens, Knuppe Fritz genannt, deen eng Epicerie an deem Haus hat, wou duerno de Schouster Nic Esser säi klengen Atelier hat. Hie war mat enger Däitscher bestuet, a bei him war säi Meedchen Anita, deemools 18 Joer al, allen zwee mat engem Velo, an hien huet geruff: „Op d'Säit, op d'Säit, eng Sondermeldung!" Mir hunn äis du geflass, fir hinnen nozekommen. Uewen am Bësch hannert dem Schlass houng en amerikaneschen Zaldot an enger Buch, an ënnen drënner stoungen eng hallef Dose Leit, ënnert hinnen den däitsche Fierschter Rothe, dee geruff huet: „Komm runter, komm runter, oder ich schieß dich runter!"*

All déi virwëtzeg Leit sinn dunn heemgeschéckt ginn, ausser deenen däitschfrëndlechen, déi hunn dierfe bleiwen. Wéi et du virugoung, konnte mir nit gesinn, well mir hu musse fort. Spéider si mer gewuer ginn, datt en Zaldot op der Schlasswiss gelant war an direkt vun der Famill de Broqueville verstoppt ginn ass, sou datt d'Preise keen Zougrëff op hie kruten. Zwee Zaldote waren am Haff vun der Toussengsmillen gelant, ee vun hinnen huet de Léon Toussaint bei sech verstoppt: Dem däitsche Momper vum Welsduerfer Haff säin Hond huet deen opgespuert a verroden, sou datt e gefaanggeholl an ofgefouert gouf."

Souwäit dem Marie-Paule seng Erzielung, mee zum Fierschter Rothe bleift nach dëst nozedroen: déi ganz Famill vum Schierener Fierschter Helbach war an d'Lüneburger Heide ëmgesidelt ginn, well hiren eelste Jong Paul aus engem Urlaub nit zréck an d'Wehrmacht gaang war. Aus deem Grond war de Fierschter Rothe aus der Lüneburger Heide, dee sech dohannen nit ganz linnientrei beholl huet, mat senger Famill op Schieren zwangsversat ginn. Dee wollt sech natierlech bei der däitscher Besatzung „lieb Kind" maachen an huet sou deementspriechend rabiat vis-à-vis vum amerikaneschen Zaldot reagéiert.



**E Kandheetsdram vum Marie-Paule Weber ass Realitéit ginn: De Jacques van Wassenhove huet him d'Biertrenger Schlass gewisen.**



D'Gréitchen an d'Marie-Paule Weber op der Baronsbréck

A well d'Marie-Paule du sou flott beim Erziele war, huet et dunn och nach e puer aner Anekdoten opgedëscht:

*„Mäin éischte Mann, de Johny Petit vum Kaaschtel, huet, wéi mir 1956 bestuet gi sinn, e Karabiner mat an d'Webeschhaus bruecht. Mee well de Johny relativ fréi gestuerwen ass, ass de Karabiner séier an de Vergiess geroden. Bis … jo bis 1978 eise jéngste Bouf Leo dee Karabiner a senger Stopp fonnt hat an deen, ouni datt ech et wosst, mat bei säi Schoulkomerod, dem Gendaarm Thein vun Ettelbréck säi Jong, matgeholl huet. Deen huet sengem Papp e gewisen, et koum, wéi et huet musse kommen: e puer Woche méi spéit ass de Gendaarm Thein mat senge Leit bei mir am Haff opgekräizt an huet mir e puer quokeleg Froe gestallt:*

*„Ass dat hei Äre Karabiner?"*

*„Jo."*

*„Wéi kommt Dir dann dodrun?"*

*„Mäi verstuerwene Mann Johny Petit huet deen aus sengem Heemechtshaus um Kaaschtel matbruecht, wéi hien hei abestuet ginn ass. "*

*„Wësst Dir dann, datt dat nit gesetzméisseg ass?"*

*„Neen."*

*„Hätt Dir dee Karabiner da gär erëm?"*

*„A jo, wann dat méiglech ass."*

*An no e puer Woche koum de Gendaarm Thein bei mech heem an huet mer de Karabiner, komplett gerengegt, zréckginn. Fir datt deen nit nach eng Kéier sollt verschwannen, hunn ech en dunn tëscht dem Ressort an dem Käilkësse vu mengem Bett verstoppt, an ech hu vun do un all Nuecht drop geschlof. Well de Gendaarm Thein dovun eng offiziell Matdeelung gemaach hat, hunn ech vun 1979 un all 5 Joer eng offiziell Demande un de Ministère de la Justice gemaach, fir weider däerfen am Besëtz vun deem Karabiner ze bleiwen. Dat hunn ech weider bis 2019, also 40 Joer laang gemaach. Ech hu lo awer bei mengem Jong Michel, dee lo am Stackhaus wunnt, nogefrot, wou de Karabiner dru wier; ech war an der Tëschenzäit op Ettelbréck geplënnert, am Haus zu Schieren war vill ëmgeännert ginn, an de Michel konnt sech nit erënneren, déi Winchester jee gesinn ze hunn. Op Urode vum Paul Heinrich hunn ech dunn eng Déclaration de perte un de Ministère de la Justice geriicht, fir déi Saach definitiv ofzeschléissen.*

*Mäin zweete Mann, den Ed Spartz vu Steeën, ass nom Krich duech déi Steeëner Bëscher gezunn an huet alles gesammelt, wat hien do vu Munitiounsiwwerreschter aus der Rundstedtoffensiv fonnt huet. Dës „Reliquien" louche bei eis am Keller a mir ganz ferm um Mo, wéi ech lo hei am Haus hu musse raumen. Du war ech frou, datt de Mil Goerens sech ugebueden*



Paul Rouster, Marie-Paule a Jean Weber

*huet, déi Saache matzehuelen, fir dem Paul Heinrich se ze ginn, dee se op der duerfir bestëmmter Plaz ofginn huet. Et waren dat zwou Granathülsen, wou nach allerhand Gewierkugelen dra waren, an eng fonkelnei Këscht, nach original zou, mat nach eng Kéier 800 Gewierkugelen. Den Ed hat am Keller eng ganz Sammlung vun Nazizeitungen, an déi hunn ech, well ech mech genéiert hunn, se an der Pabeiersammlung ofzeginn, heemlech am Gaart verbrannt. Lo sinn ech frou, dass ech d'Kapitel 2. Weltkrich definitiv ofschléisse kann."*

Den zweeten Zäitzeie vun deem Virfall uewen um Biertrenger Schlass ass de Jean Mons, an hien huet dat esou an Erënnerung:

*„Et war am Summer 1944 a meng Nopesch Anny Schlechter an ech sinn ëm Mëtteg rop ënnert de Quetschebierg gaang. Hir an eis Kéi waren do an enger Wiss a mir sollten déi rof bei eis Haiser dreiwen, datt se do saufe konnten. Mir hate se knapps aus de Wisen eraus, du koum e grousse Fliger vu Schrondweiler erfort, dee souvill Kaméidi gemaach huet, datt d'Kéi d'Schwänz an d'Luucht gehuewen hunn a rof an de Kéiwee gelaf sinn. Dee Fliger war vu preisesche Schëss sou schwéier getraff, datt en am Déiffluch war a riskéiert huet, all Ament rofzefalen. Spéider si mer gewuer ginn, datt en zu Scheedel oder bei Feelen am Laanghals néiergaang ass. Mir haten awer gesinn, datt eng gutt hallef Dose Leit mam Fallschierm erofgesprong waren an op verschiddene Plazen déisäit vun der Uelzecht gelant waren.*


*Wéi mir dunn ënnen am Kéiwee ukomm waren, huet mäi Papp de Vëlo geholl an ass mat mir hannendrop duerch den Härewee bis bei d'Biertrenger Schlass gefuer, wou schonn eng ganz Partie Schierener Leit zesummegelaf waren. Ënnen um Schlass hu mer de Vëlo laanscht de Wee stoe gelooss a si mat deenen aneren zu Fouss bei de klenge Buchebësch uewen um Schlass kucke gaang.*

*Uewen an enger Gafel vun enger décker Buch stoung en Zaldot, deen zweemol gepaff hat, fir op sech opmierksam ze maachen a gehollef ze kréien. Hien huet de lénksen Aarm sou komesch gehal, datt ee konnt unhuelen, datt e sech doru verwonnt hat. E Gendaarm mat Flënt, deen och schonn op der Plaz agetraff war, wollt dunn eng Leeder siche goen, fir datt den Zaldot rofklamme kënnt. Mee dat war d'Rechnung ouni den däitsche Fierschter Rothe gemaach, dee strofversat war an hei zu Schieren d'Fierschterfonktioun vum Nic Helbach erfëllt huet, dee wéinst der Fahnenflucht vu sengem Jong Paul ëmgesidelt gi war. Dee Rothe war an der Tëschenzäit bei der Buch agetraff an huet de Kommando iwwert déi ganz Operatioun iwwerholl. Hien huet du mol dem Gendaarm d'Flënt ofgeholl an huet him verbueden, eng Leeder sichen ze goen, an a Richtung Zaldot huet hie geruff: „Der soll gefälligst runterspringen oder ich schieß ihn runter!" Duerno, nach ier den Zaldot hei ënne war, huet en all déi virwëtzeg Leit heemgeschéckt, a wéi mäi Papp bis gesinn huet, datt d'Lag méi brenzleg géif ginn, sot hien zu mir: „Komm, mir fuere lo heem!"*

*Souwäit ech mech erënnere kann, war vu véier Zaldote bekannt, déi hei ofgesprong a rëmfonnt gi waren. Nieft deem besoten Zaldot an der Buch war en aneren an der Schlasswiss néiergaang, deen d'Famill de Broqueville séier verstoppt huet, fir en dem Zougrëff vun de Preisen z'entzéien, an zwee anerer waren op der Toussengsmille gelant, wou mer awer nit bekannt ass, wat mat hinne geschitt ass."*

De Jang wousst awer och nach vun engem aneren intressanten Tëschefall z'erzielen, dee beleet, wou verschidde Rumeuren iwwert d'Frae vun der Famill de Broqueville hierkoumen:

*„Eng Véierelstonn no der Baronsbréck haten d'Preisen och déi Bréck gesprengt, déi riwwer op d'Mille gefouert huet an déi just honnert Meter wäit ewech war. E puer Deeg drop haten d'Amerikaner eng provisoresch Seelbréck iwwert d'Uelzecht gespaant, fir op d'mannst zu Fouss op déi aner Säit ze kommen. Si haten, fir driwwer ze goen, breet Dill do verschafft. Eisen Nopeschjong ënnen aus dem Kéiwee, den Ed Garson, an ech, grad wéi och aner Bouwen aus dem Duerf, hunn eis dacks do ronderëmgedriwwen fir ze spillen, an op eemol koum d'Iddi op, aus deenen Dill kënnte mir eis jo eng flott hëlze Bud bauen. Wéi mer sou richteg gutt amgaang waren, sinn eis op eemol Schrouden ëm d'Ouere gepaff, an et war d'Baronnesse de Broqueville, d'Mamm vum Claudine de Broqueville, déi 2018 gestuerwen ass, déi eis mat dëse Schëss verdreiwe wollt. Déi Fra muss dauernd op der Lauer geleeën hunn, well där ass näischt entgaang, wat ronderëm d'Schlass passéiert ass; a si huet och nit gezéckt, vun hirer Flënt Gebrauch ze maachen. Sou war et mat der hëlze Bud bei der schéiner Iddi bliwwen!"*



**Aus dem Dill vun der provisorescher Bréck wollten de Jang Mons an den Ed Garson eng Häip bauen, bis se vun der Baronesse gestéiert goufen**

# Neies iwwer d'Ausgruewungen zu Schieren



Dat grousst Zelt iwwert de sensible Sitten

Vill Neies gëtt et am Ament nit iwwer déi verschidde Plazen z'erzielen, wou zu Schieren gebuddelt, gewullt an nogesicht gëtt, well d'Aarbechte voll amgaang sinn a mir just en Artikel vun de Verantwortleche vun de Gruewunge kréien, wann d'Aarbechten ofgeschloss sinn. E puer Partikularitéite stiechen awer ervir, an et kann ee soen, datt d'Aktivitéite lo hiren Héichpunkt erreecht hunn, well zanter dem 23. September sinn op 5 verschiddene Plazen d'Gruewungsaarbechte parallel amgaang.

1. Zum Site vun der Haaptvilla ass ze soen, datt den CNRA lo e grousst Zelt opriichte gelooss huet, fir déi sensibelst Plaze vun der fréierer Villa virum Frascht an dem Reen ze schützen. An der Tëschenzäit si schonn erëm 139 Këschte mat Fragmenter vu Fresken op Soissons komm, fir restauréiert ze ginn. Mee op dem Site schafft awer och nach eng Ekipp am aneren Eck vun der Villa, fir e Kalleksuewe fräizeleeën.



D'Ekipp vum Véronique Biver op der Wiische mat Anna Esposito, Isabelle Mangeot, Alan Stead, Josée Cruz, Joao Pires Lourenço, Eviny Dos Santos

2. Nei ugefaang huet den 23. September eng Ekipp op dem Gebitt vun de fréieren Thermen, direkt ënnen un der Ëmgeeungsstrooss, fir do de westlechen Deel vun den Thermen z'analyséieren. Do war an den 90er Joeren just ënnert dem Site vun der Autobunn gegruewe ginn.
3. Ënnen um Haus Mons am Kéiwee si Strukturen vun engem Wirtschaftsgebai identifizéiert ginn, wat nach muss fräigeluecht ginn, wou déi Verantwortlech sech nach e puer spannend Saachen erwaarden. Bis elo sinn awer schonn 2 Grief ausgehuewe ginn, wou an deem gréisste bronzezäitlech Keramik fonnt ginn ass.
4. Déi 4. Plaz ass hannert den Haiser 133 an 135 op der Haaptstrooss, wou och Strukture vu Gebaier fonnt gi sinn, deenen hir Bestëmmung awer nit mat honnertprozenteger Sécherheet festgestallt ginn ass. Do sinn och Reschter vun enger réimescher Strooss oder engem Wee fonnt ginn.
5. Déi lescht Plaz, wou sech Aktivitéiten ofspillen, ass um Flouer „an der Ae", och nach op Schierener Terrain nieft dem Ettelbrécker Schluechthaus. Hei si grad Spure vun 3 verschiddenen Episoden aus der Geschicht fonnt ginn. Déi éischt stamen aus der Hallstattperiod, der fréiester Period vun der Eisenzäit an de Joeren 800 bis 400 viru Christus, wat op Iwwerreschter vu Keramik festgestallt gouf. Da goufen do och Schierbelen an Handwierksgeschir vun de Réimer fonnt, an déi lescht Fondsaache stamen aus dem Mëttelalter, an dobäi handelt et sech ëm Déiereschanken. Et gesäit aus, wéi wann a fréierer Zäit hei en Niewenaarm vun der Uelzecht bis wäit eropgaang wier, an duerfir war déi Plaz sou attraktiv als Siidlungsgebitt.

Um Programm fir déi nächste Méint stinn nach eng Porte Ouverte an zwou Ministeschvisitten, an zwar vun der Kultur mam Sam Tanson an dem Tourismus mam Lex Delles. Well lo kee fäerdege Rapport vun engem Site virläit, loosse mer dës Kéier déi 5 Ekippen op enger Foto zu Éiere kommen, déi hei bei all Wieder am Asaz sinn.



**D'Ekipp vum Claire Barillard „an der Ae" mat Lya D'Habit, Barbara Patricia Leite Da Costa, Miguel Silva Santos, Mathieu Frey, Nathan Gombaud, Meidy Hernandez Medina**

## Quoi de neuf à propos des fouilles à Schieren ?

Pour l'instant il n'y a pas grand-chose à raconter sur les différents sites des fouilles, parce que les travaux sont en plein progrès et les responsables nous font les articles seulement après l'achèvement des travaux. Mais il y a quand même quelques particularités à évoquer, car les activités semblent être à leur zénith, comme depuis le 23 septembre il y a pas moins de 5 équipes qui font des fouilles en parallèle.

1. Sur le plus grand site, la villa axiale de la Wiischen, le CNRA vient de dresser une grande tente pour protéger les aires les plus sensibles contre le gel et la pluie. Entretemps, 139 caisses avec des fragments de fresques murales sont parties à Soissons pour y être restaurées. Un autre projet sur ce site est actuellement le dégagement d'un four à chaux sur l'extrémité sud.

2. Une nouvelle équipe a repris son travail le 23 septembre pour dégager les restes des thermes qui n'avaient pas été analysés dans les années 90 lors de la construction de l'autoroute. Il s'agit là de la partie ouest des thermes.

3. En dessous de la maison Mons dans le « Kéiwee » des structures différentes ont été identifiées, entre autres deux grands fossés, où, dans le plus grand d'entre eux, de la céramique de l'âge de bronze a été trouvée. Il reste à dégager les structures d'un édifice économique, où les responsables s'attendent encore à l'une ou l'autre surprise.

4. Le quatrième site est derrière les maisons 133 et 135 de la Grand-rue, où se trouvent les restes d'un ou de plusieurs édifices, dont la destination n'a pas encore été identifiée avec certitude. On y a aussi découvert les restes d'une route ou d'un chemin romain.

5. Le dernier site des fouilles se trouve près de l'abattoir d'Ettelbruck, sur les champs « an der Ae » sur le territoire de Schieren, où jusqu'ici des traces de 3 différentes périodes ont pu être identifiées. Les premières datent de la période Hallstatt, le début de l'âge de fer des années 800 à 400 avant Jésus-Christ, ce qui a été démontré par des fragments de céramique. La deuxième période est celle des Romains suite aux trouvailles de fragments de céramique et d'outils, et la troisième est celle du moyen-âge avec des trouvailles d'ossements de bétail.




**D'Ekipp vum Nicolas Meunier an den Therme mat Barbara Coasta a Meidy Hernandez**

Les prochaines étapes sur le site romain sont une porte ouverte et des visites de ministres de la Culture et du Tourisme, à savoir Sam Tanson et Lex Delles, les 3 événements encore programmés pour la fin de cette année. Comme on n'a pas encore de rapport final d'aucun des chantiers, l'honneur dans cette édition est aux différentes équipes de fouille qui y travaillent dans toutes les conditions météorologiques.



**D'Ekipp vum Iliya Hadzhipetkov op der Haaptstrooss mat Angéline Ntouxy, Victor Coutinho Ferreira, Valentin Renard, Clément Gérardin**



**D'Ekipp vum Milena Crespi aus dem Kéiwee mat Emilie Thiry, Mégane Billiaux, Manuel Ribeiro, Pierre Schied**





# Allerhand Gedeessems ëm d'Biertrenger Schlass

Mat all dem Zodi iwwert de Museksfestival vu „Pangea In Love" hei de Kommentar vum Biolog Roger Schauls aus dem Mouvement Écologique:

Och den ekologesche Volet spillt ronderëm d'Schlass zu Biertreng an den ominéise Festival ufangs August eng Roll. Wéi eng Responsabilitéit huet e Proprietaire vis-à-vis vu sengem Besëtz? An dësem Fall d'Croix-Rouge an hiert Biertrenger Schlass. A wat kann ee vum Staat erwaarden, deen dat Schlass ënner Denkmalschutz gesat huet, a weess, datt d'Natur an dëser Géigend zimlech sensibel ass? Froen, op déi weder de Kultur- nach den Ëmweltministère bis elo offiziell geäntwert hunn.

## Biertreng, e Schlass am Dornréischeschlof

Vill Natur a Fauna ronderëm, déi awer duerch vill Leit an de ville Kaméidi vun engem Festival gestéiert ginn, fäert de Biolog … Vill Leit a vill Kaméidi um Site, esou kënnt een e Museksfestival vun 3 Deeg beschreiwen. Esou een ass jo am Bannenhaff vum Biertrenger Schlass vum 2. bis de 4. August geplangt. Also 3 Deeg mat 2.500 Leit. Sou steet et um Internetsite, an dat leeft weder diskret laanscht d'Schlass nach laanscht Bësch an Déier. Vun der wëller Kaz bis bei seele Fliedermais, an a ronderëm deem ale Gemaier kënnte vill där Déiere liewen.

Wéi vill Déieren hei liewen a wéi eng dat genee sinn, weess een aktuell nach net, erkläert de Biolog Roger Schauls. Bis elo hätt een deen Inventaire nach net kéinte maachen. Sécher ass awer, datt hei vill Routwëld lieft, wat een däitlech un de Beem ronderëm erkenne kann. Wann awer lo eng Woch laang vill Kaméidi op där Plaz ass, kann et gutt sinn, datt d'Wëld sech aus de Féiss mécht. E Corridor écologique ass hei op alle Fall, seet de Roger Schauls, deen och, wann hien, wéi hie selwer seet, net déi néideg Kompetenzen hätt, wat aalt Gemaier ugeet, awer seng Iddien huet, wat de Staat mam Site maache kéint. De Staat wier hei gefuerdert, fir d'Gemaier z'erhalten. An, well et jo an der Géigend vun Ettelbréck läit, Stéchwuert Nordstad, wier et méiglech, dem Gebai eng administrativ Fonktioun ze ginn, mengt de Biolog.

A wie sech e Bild vun der Eenzegaartegkeet vun der Natur ronderëm d'Biertrenger Schlass wëll maachen, ka jo am September, ouni Radau ze schloen, vun der Strooss aus d'Hirsche lauschtere kommen. Wann déi nom Festival nach Loscht hunn.

Zwee Kommentaren dozou:

1. RTL huet zweemol beim Organisateur nogefrot, fir eng Reaktioun ze kréien, an zweemol war d'Äntwert : „Neen, keen Intressi."
2. An der Tëschenzäit huet den Organisateur, dee seet, all d'Autorisatiounen ze hunn, eng Demande op der Gemeng Schieren agereecht, fir kënnen am „Géier", nieft de Sportsinfrastrukturen, kuerzfristeg Camper fir d'Dauer vum Festival opzehuelen. Dat koum, well d'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg d'Schlasswiss fir Camper net fräiginn huet, well do déi ganz seelen Gebuertshelferkröte (Alytes obstetricans) fonnt gouf.




**Sou huet den Entréesticket fir de Pangea Festival ausgesinn.**

# Beaucoup de bruit autour du château de Birtrange

Un commentaire à ce sujet était fait par Roger Schauls, un biologue membre du Mouvement Écologique. Voici le compte rendu de ce commentaire :

Le volet écologique a aussi à jouer son rôle au sujet du château de Birtrange et le festival de mauvaise augure début août. Quelle responsabilité incombe au propriétaire vis-à-vis de sa propriété, qui, dans ce cas est la Croix-Rouge, et le château de Birtrange. Et qu'est-ce qu'on peut espérer de l'État qui, de son côté, a déclaré le château monument national, d'autant plus qu'il est bien connu, que la nature sur ce site est bien sensible ? Ce sont des questions auxquelles ni le ministère de la Culture ni le ministère de l'Environnement n'ont donné des réponses à ce jour.

## Birtrange, un château de la Belle au bois dormant

La nature et la faune nombreuse vont être sensiblement dérangées par le bruit d'un festival, c'est là la crainte du biologiste. La présence de beaucoup de gens avec pas mal de bruit, c'est ainsi qu'on pourrait décrire un festival de musique de 3 jours, et c'est ce qui va se produire dans la cour intérieure du château entre le 2 et le 4 août. Donc trois jours avec chaque jour jusqu'à 2.500 personnes, comme annoncé sur Internet, c'est telle la description, et cela ne va pas se faire de façon discrète vis-à-vis du château, de la forêt et des animaux qui y séjournent. Parlant animaux, il pourrait s'agir du chat sauvage jusqu'aux chauves-souris très rares, et toutes ces espèces pourraient avoir leur domicile dans et autour de ces vieilles murailles.

Combien d'animaux vivent ici et de quelles races il s'agit, c'est ce qu'actuellement on ne sait pas encore, tient à préciser Roger Schauls, parce qu'on n'a pas encore réussi à faire l'inventaire biologique. Ce qui est cependant certain, c'est la présence de grands troupeaux de cerfs dont on peut observerles traces sur les écorces des arbres. Si maintenant il y a le bruit d'un festival pendant près d'une semaine, il se peut que le gibier fuie cette place une fois pour toutes. En tout cas, ce site est un corridor écologique, dit Roger Schauls; même s'il prétend ne pas avoir les compétences requises en matière de vieilles murailles, il a quand même ses idées ce que l'État pourrait faire avec ce vieux site. En tout cas, l'État aurait ses responsabilités pour conserver les murailles qui se trouvent tout près d'Ettelbruck, mot clé « Nordstad ». Le biologiste est d'avis qu'une possibilité serait de donner à l'édifice une fonction administrative dans le contexte « Nordstad ».

Et toute personne voulant se faire une idée de la nature sans pareil autour du château de Birtrange, peut venir en septembre sur la route longeant le site et, sans faire de bruit, écouter les cerfs bramer, pourvu qu'en ce moment ils aient encore envie.

Deux informations supplémentaires :

1. RTL a demandé à deux reprises une prise de position auprès de l'organisateur du festival et la réponse était deux fois : « Non, pas d'intérêt ! »
2. Entretemps, l'organisateur, qui se dit avoir toutes les autorisations requises, a fait une demande auprès de la commune de Schieren pour mettre à sa disposition une aire de stationnement pour campers pour la durée du festival près des infrastructures sportives de Schieren au lieu-dit « am Géier ». Ceci après le refus de Carole Dieschbourg, ministre de l'Environnement, de la demande de camping sur la Schlasswiss, parce que le très rare « crapaud accoucheur » (Alytes obstetricans) y a trouvé un refuge.



# Pangea contre le milan rouge : les ministres Tanson et Dieschbourg :

## Le dossier festival de musique est conforme vis-à-vis de la loi pour la protection de la nature.

Le commentaire suivant de Roy Grotz était le 29 juillet sur les antennes de RTL :

Dans les derniers jours, nous avons plus souvent parlé sur cette antenne du château de Birtrange et d'un festival de musique qui va s'y tenir. Début août, un festival privé va y être organisé, et des questions sur la protection de la nature dans cette zone verte avaient été soulevées. On y attend 2.500 personnes, sur invitation seulement. Il est à préciser qu'effectivement 2.500 invitations avaient été envoyées, mais on sait par expérience que juste 70 pourcent des personnes invitées vont se présenter sur le site.

Les ministres Tanson et Dieschbourg donnent maintenant une réponse à une demi-douzaine de questions dans le contexte de la question parlementaire des 2 députés Hansen et Kemp-Arend, et elles précisent entre autres que les organisateurs du festival de musique ont reçu une autorisation le 10 juillet pour faire cette manifestation sur le site. Cette autorisation est liée à 15 conditions parmi lesquelles :

- Le festival de musique doit avoir pris fin à 1 heure et les auditeurs doivent dès lors commencer à quitter le terrain
- Après minuit, le volume sonore doit être réduit.
- Il faut installer suffisamment de toilettes chimiques sur le site.
- Le stationnement de camping-cars ou de roulottes doit être réglementé.

En ce qui concerne le site du château, classé monument national depuis l'année passée, on regrette que les organisateurs n'aient pas pris contact dès le début des préparatifs avec le ministère de la Culture. C'est ce qui a été réalisé plus tard par le ministère, avec le résultat que les 7 mesures nécessaires ont été prises pour protéger le site. Les ministres Tanson et Dieschbourg admettent qu'il y a certainement des sites plus appropriés au Luxembourg pour un festival musical avec quelque mille visiteurs, mais que par contre le dossier du festival serait conforme à la loi sur la protection de la nature. C'est juste pour cette raison-là que le ministère aurait donné l'autorisation avec les différentes conditions.



En ce qui concerne le changement de l'affectation du vieux château de Birtrange les ministres ne peuvent pas trancher, car il s'agit d'une propriété privée. En outre, pour le moment, l'État ne se voit pas acheter ce domaine sur le territoire de la commune de Schieren.

Dans une interview à la date du 1er août, les ministres donnent leurs explications relatives. Carole Dieschbourg précise : *« Il y a certes de meilleurs emplacements pour organiser une telle manifestation, mais je n'ai aucun critère pour pouvoir l'interdire. Le site ne se trouve pas dans un corridor ni dans un terrain de Natura 2000. L'administration de la nature s'est déjà rendue sur place longtemps avant : le site est tranquille et on pourrait y engendrer quelques écopoints pour intégrer dans notre pool de compensation. Et même si on n'a pas un seul argument pour interdire cette manifestation, il y a quand même des règles qui doivent être respectées : il ne doit pas y avoir du bruit exagéré, les visiteurs n'ont pas le droit de circuler n'importe où, le camping sur le site est interdit, et évidemment il est défendu de détruire volontairement. L'organisateur est responsable pour tous les dommages et doit conclure une assurance à ce but. Le garde forestier et l'administration seront sur place pour encadrer et contrôler que les règles sont observées et respectées. »*

Le commentaire de Sam Tanson : *« On a vérifié que l'installation n'est pas surdimensionnée et qu'elle ne peut pas causer un dommage quelconque à l'édifice protégé. Par ailleurs on veillera à ce que pas trop de visiteurs ne viennent voir l'exposition à l'intérieur à la fois. Des représentants du ministère de la Culture seront sur place pour surveiller l'observation des différentes règles. Le propriétaire et l'organisateur ont une double responsabilité que le patrimoine reste intact et ne subisse aucun dommage. »*

# Pangea versus Roude Milan: Ministeren Tanson an Dieschbourg:

## Den Dossier Museksfestival ass konform zum Naturschutzgesetz.

Dëse Kommentär vum Roy Grotz goung den 29. Juli iwwer d'RTL-Antenn:

Méi dacks ewell hate mer an der Lescht vum Schlass Biertreng an engem Museksfestival geschwat, deen do ofgehal gëtt. Ufangs August soll do jo e private Museksfestival organiséiert ginn, a wou sech Froen iwwert den Naturschutz an dëser Zone verte gestallt gi waren. Erwaart gi sech eng ronn 2.500 Leit, dëst op Invitatioun. Et sief ze preziséieren, dass effektiv dës Unzuel Invitatioune verdeelt gouf, aus Erfarung awer just 70 Prozent vun den invitéierte Leit op d'Plaz kommen.

D'Ministeschen Tanson an Dieschbourg äntwere lo op eng hallef Dose Froen an deem Kontext, déi d'CSV-Deputéiert Hansen a Kemp-Arend gestallt haten, a preziséieren ënner anerem, datt d'Organisateure vum Museksfestival den 10. Juli eng Erlaabnis kruten, fir dësen Evenement um Site vum Schlass ofzehalen. Dës Autorisatioun ënnerläit 15 Konditiounen, wéi zum Beispill, datt de Museksfestival muss nuets um 1 Auer eriwwer sinn, an d'Leit mussen deen Ament ufänken, d'Plaz ze verloossen, datt no Hallefnuecht d'Musek muss eng reduzéiert Lautstäerkt hunn, datt genuch chemesch Toilettë mussen um Site installéiert sinn an datt de Stationnement vu Caravannen a Roulottë reglementéiert ass, wat de Site vum Schlass ubelaangt, dat zanter zejoert klasséiert ass.

Bedauert gëtt, datt d'Organisateuren net scho bei de Preparative mam Kulturministère Kontakt opgeholl haten; duerno ass dat dunn awer duerch de Ministère geschitt, sou dass déi 7 néideg Mesurë geholl goufen, fir de Site ze schützen. D'Ministeschen Tanson an Dieschbourg ginn zou, datt et méi adequat Sitten am Land ginn, fir e Festival mat e puer Dausend Visiteuren ofzehalen, par contre wier den Dossier vum Festival konform zum Naturschutzgesetz gewiescht, duerfir hätt de Ministère och d'Erlaabnis mat de verschiddene Konditioune ginn.

Wat e Changement vun der Affektatioun vun dem ale Biertrenger Schlass ugeet, dat dem Roude Kräiz gehéiert, kënnen d'Ministeren heiriwwer net tranchéieren, well et eng privat Proprietéit ass. Bis op Weideres ass de Staat dann och net gewëllt, dësen Domaine um Terrain vun der Gemeng Schieren ze kafen.

Am Interview vum 1. August ginn d'Ministeschen dann hir Erklärungen. D'Carole Dieschbourg seet dat hei:

*„Et gëtt besser Plazen, fir sou eng Manifestatioun ofzehalen, mee ech hu keen Ausschlusscritère. De Site läit net an engem Corridor, läit net an engem Gebitt vun Natura 2000. D'Naturverwaltung huet sech de Site scho virdrun ugekuckt, dee roueg ass, an do kënnt ee verschidden Ecopunkte generéieren fir an eise Kompenséierungspool; mee och wann et keen Ausschlosspunkt gëtt, sou mussen awer verschidde Regelen agehal ginn: et däerf net iwwerméisseg Kaméidi sinn, et däerf een net egal wouhi lafen, et däerf näischt um Site zerstéiert ginn a campéieren ass och verbueden. Den Organisateur ass verantwortlech fir all Schued a muss zu dësem Zweck eng Assurance hunn. De Fierschter an d'Verwaltung wäerten op der Plaz sinn, fir ze cadréieren an ze kontrolléieren, datt d'Regelen agehal ginn."*

Dem Sam Tanson säi Kommentar dann:

*„Mir hu gekuckt, datt déi Anlag net iwwerdimensionéiert ass a Schued um Gebai uriichte kënnt, ganz wéineg Leit kënne mateneen a Gruppen an d'Gebai d'Ausstellung kucke goen an och Leit aus dem Kulturministère sinn op der Plaz, fir d'Anhale vun de Regelen z'iwwerwaachen. De Proprietaire an den Organisateur hunn d'Obligatioun, datt de Patrimoine erhale bleift."*

















*Fotoen: Carlo Thill*

# De Kommentar an der Lëtzebuerger Press:

## Pangea In Love: e Festival am Aklank mat den Noperen an der Natur vum 2. bis de 4. August

1.843 Leit hunn um Wochenenn zesummen a friddlech op dem private Museksfestival „Pangea In Love» ronderëm d'Biertrenger Schlass gefeiert. Am Virfeld goufen et wuel Widderstänn géint dës Manifestatioun, mee respektvoll Visiteuren an de Zero-Waste-Konzept vum Organisateur hunn all kritesch Stëmmen nach während dem Festival verstomme gedoen.

„Pangea In Love“ ass an allen Hisiichten en aussergewéinleche Festival. Nieft lokale Gruppen a bekannte Melodien koumen d'Visiteuren awer och an de Genoss vu ganz exotesche Kläng. A verschiddene Säll vum Schlass hate Kënschtler hir Wierker ausgestallt. Op dem ganze Site hate Fräiwëlleger Dekoratiounen a gemittlech Chill-out-Ecken ageriicht. De Publikum huet sech vum Kand mat faarwege Kopfhörer iwwert den tätowéierte Punk bis zum faarwefrou gekleeten Hippie hi gezunn. Fir d'Nuetsrou vun den Noperen net ze stéieren, gouf ganz bewosst op eng haart After Party verzicht, an amplaz gouf eng Silent Disco mat spezielle Kopfhörer ugebueden.




## D'Visiteure maachen en Don

Honger gelidden huet keen um Festival, well Hëllefsorganisatiounen lessen zu faire Präisser ugebueden hunn. Mat deenen Erléiser gi gemengnëtzeg Projeten ënnerstëtzt. D'lessen ass op Parzeläintelleren zervéiert ginn, an déi meescht Visiteuren hunn hiren Teller nom lesse selwer gespullt, fir datt se vun deenen dono rëm konnte benotzt ginn. Fir déi e bësse méi kammout Leit hat den Organisateur e Spullwon bereetgestallt.

D'Käschte vum Festival gi fir de gréissten Deel vun der Allgemengheet gedroen: jidderee leet dat dozou bäi, wat en entbiere kann, et ass kee Bezuelzwang. De ganze Festival gëtt vun en etleche Konschtamateuren organiséiert, déi sech virun e puer Joer an enger „Pangea In Love asbl“ zesummegeschloss haten.

## D'Autorisatiounen

Am Virfeld hat d'Ukënnegung vum Festival nieft dem Biertrenger Schlass nawell fir Gespréichsstoff gesuergt. En etlech Deputéierten hate sech souguer genéidegt gesinn, heizou eng parlamentaresch Fro ze stellen, dat well dat Schlass aus dem 14. Joerhonnert, dat tëscht Colmer an Ettelbréck läit, sech an enger Zone verte befënnt a Schued fir Fauna a Flora gefaart gouf.

Wéi de Festival freides ugefaang huet, haten d'Organisateuren all d'Autorisatioune beieneen. Polizisten, Beamte vu „Site et Monuments“ a vum Ëmweltministère hunn du gréng Luucht ginn, an dat huet et erlaabt, d'Visiteuren dräi Deeg laang ze begeeschteren.

Mee bis et souwäit war, hunn déi jong Organisateuren en etlech Hënnernisser mussen aus dem Wee schafen. De Camping ass nieft de Schierener Futtballterrain verluecht ginn, well campen um Site selwer net erlaabt war. Den Dan Terrao, ee vun den Organisateuren, huet gesot, datt fir Ofspärungen an Assurancen en etlech Dausend Euro hu musse berappt ginn, déi sou net virgesi waren.

## Keen eenzegen Tëschefall

D'Käschte fir eng Sécherheetsfirma belaaschten de Budget vun de jonken Organisateuren zousätzlech. Ronderëm d'Auer ware véier Securityleit op dem Site, an déi Schierener Pompjeeë waren och mat engem Gefier do. Mee den Dan Terrao war frou kënnen ze soen, datt et keen eenzegen Tëschefall gouf, an trotz de ville Visiteuren huet d'Security keng eenzeg Kéier mussen agräifen. An trotz den héijen Zousazkäschte schéngt d'Rechnung vun den Organisateuren awer opzegoen, de Festival schreift keng rout Zuelen an e wäert sech selwer droen.

# Le commentaire sur le festival de Birtrange dans la presse luxembourgeoise :

## Pangea In Love, un festival dans l'harmonie avec les voisins et la nature du 2 au 4 août

1.843 visiteurs ont fêté pendant le weekend ensemble et paisiblement lors du festival musical « Pangea In Love » autour du château de Birtrange. Pendant les préparations, il y avait une certaine résistance contre cette manifestation. Mais le comportement exemplaire des visiteurs et le concept du zero waste de l'organisateur ont fait taire toutes les voix critiques encore pendant le festival.

« Pangea In Love » était un festival tout extraordinaire. À côté de groupes locaux et de melodies bien connues, les visiteurs ont pu apprécier des sons exotiques. Dans diverses salles du château, des artistes avaient fait une exposition de leurs œuvres. Partout sur le site, des volontaires avaient décoré et arrangé des zones de relaxation. Le public était multiculturel, à partir de l'enfant avec des écouteurs dans toutes les couleurs en passant par le punk tatoué jusqu'au hippie en vêtements multicolores. Pour ne pas déranger le repos nocturne des riverains, l'on avait renoncé à une after-party bruyante, mais une disco silencieuse avec des casques spéciaux était au programme.



## Les visiteurs font un don

Personne n'avait besoin de souffrir de faim sur le site, parce que des organisations bénévoles ont offert à manger à des prix abordables, et avec ces recettes des projets d'intérêt commun sont soutenus. Le manger était servi sur des assiettes en porcelaine, la plupart des visiteurs ont rincé leurs assiettes par après pour être utilisées par les suivants. Pour les visiteurs plus commodes, l'organisateur avait prévu un lave-vaisselle.

Les coûts du festival sont majoritairement portés par l'assistance : tout le monde contribue selon ses moyens, il n'y a pas de contrainte de participation. Le festival tout entier est organisé par quelques amateurs d'art, qui se sont rassemblés il y a quelques années dans la « Pangea In Love asbl ».

## Les autorisations

En amont de l'organisation, il y avait des discussions publiques sur le festival autour du château de Birtrange, quelques députés avaient jugé nécessaire de poser une question parlementaire ; ceci parce que le château du 14e siècle entre Colmar-Berg et Ettelbruck se trouve dans une zone verte, et qu'on craignait des dommages pour la faune et la flore.

Au démarrage du festival le vendredi, les organisateurs avaient toutes les autorisations nécessaires. Des policiers et des employés de « Sites et Monuments » et de l'administration de l'environnement ont donné feu vert, ce qui finalement a permis de fasciner les visiteurs pendant trois jours.

Mais jusque-là, les jeunes organisateurs avaient encore quelques obstacles à surmonter. Le camping fut transféré près du terrain de foot à Schieren, parce que le camping sur le site était interdit. Dan Terrao, un des organisateurs, a dit que les barricades et les assurances ont coûté quelque mille euros, qui n'étaient pas prévus dans le budget.

## Pas un seul incident

Des coûts supplémentaires pour une entreprise de sécurité représentent une charge supplémentaire. Quatre personnes de cette entreprise étaient sur le site jour et nuit, et la commune de Schieren y avait garé une voiture de son service incendie. Dan Terrao se montrait satisfait de pouvoir dire qu'il n'y avait aucun incident, les forces de sécurité n'ont pas dû intervenir malgré le grand nombre de visiteurs. Et malgré les hauts coûts supplémentaires, les organisateurs semblent s'en sortir sans bilan négatif : leur concept a l'air de se développer dans la bonne direction et le festival se financera de soi-même.

# Jeunes talents : La mélodie du bonheur

## Renée Wirth, 19 ans et 13 ans de violon

Impressionnante, pleine d'enthousiasme, passionnée, Renée Wirth, jeune violoniste de Schieren, a livré, raconté son bout de vie passé avec son violon. Un rêve, une passion d'enfant, devenu celui d'une adulte.

Pourtant c'est le ballet que Renée va pratiquer à l'âge de 4 ans. Pas longtemps, car son destin va changer... au hasard d'une porte entrouverte dans les couloirs du conservatoire de Diekirch. La jeune enfant distingue le son d'un violon. Ce son va la ravir, la faire subitement vibrer pour ne plus jamais la quitter. « Je m'en souviens comme si c'était hier », raconte Renée aux yeux qui brillent encore. « C'est un coup de foudre. Alors que j'accompagnais mon frère à la recherche d'un cours de guitare avec mes parents. »

Sa maman ajoute : « Une fois entrée dans la classe, lorsque le professeur lui a déposé le violon dans les mains, son visage est devenu lumineux. »

« Au début, mes parents ont été hésitants que je pratique le violon. Mais mon enthousiasme a fini par les convaincre », raconte Renée.

Premier violon…

À la maison, il y avait un violon de décoration, sur lequel Renée parvenait à sortir quelques sons. Il est devenu son jouet préféré, son premier violon. Même si elle pouvait jouer de la musique sur un petit piano de jeu « Chicco ».

La musique des cordes de violon a continué à bercer Renée. Les années ont passé, la jeune musicienne a fréquenté le conservatoire et gravi les échelons. Aujourd'hui, sa passion est intacte.

Alors que la plupart des étudiants ont du mal à se lever le matin, souvent, Renée a déjà son archet en main dès 6 heures du matin. La jeune soliste s'entraîne en moyenne une heure avant de partir à l'école. Après les cours, en fin de journée, elle ajoute encore deux heures à faire vibrer son violon. Durant les vacances, dans des Master Class, Renée peut jouer jusqu'à 6 heures…

C'est à 16 ans que la jeune soliste participe à sa première Master Class, en Suisse. Elle est la plus jeune et cette Master Class est une nouvelle révélation. Elle est impressionnée par les talents qu'elle côtoie, qui discutent simplement avec elle, la conseillent. Et cette première Master Class provoque un nouveau déclic chez Renée : l'envie de progresser encore plus et le désir de pratiquer sa passion professionnellement, se révèle.

À présent, les Master Class sont devenues des rendez-vous annuels, des rendez-vous où la violoniste entre dans une autre dimension.



Mais la jeune artiste, malgré son grand talent, reste lucide. Actuellement, elle est élève au Conservatoire Royal de Liège. Son souhait reste de voyager en Europe, rencontrer, découvrir d'autres violonistes, se nourrir du talent d'autres professeurs. « Je ne veux pas jouer uniquement de la musique classique mais connaître, découvrir, faire naître d'autres sons de mon violon. »

« La musique romantique est celle que je ressens le plus et cette sensibilité me permet de mieux la retransmettre. Mon rêve, c'est de pouvoir évoluer dans un orchestre de musique classique ou de musique de chambre, en Europe. Je ne souhaite pas encore me fixer, car avoir une place n'est déjà pas facile. »

« Mon conseil, il n'y a pas d'âge pour commencer la musique. L'idéal est de débuter jeune, vers 6, 7 ans. Mais des fois il n'est pas trop tard à 10 ans. Le plus dure dans le violon... c'est d'être satisfaite. Je suis trop perfectionniste, stricte », explique Renée et poursuit : « J'aime aussi l'art, j'aime peindre. Je lis des livres romantiques, de la



littérature, en allemand ou en anglais, une langue que j'apprécie. »

« Mes parents, logiquement prudents, pensaient plus à mon avenir et n'étaient pas très d'accord au début que je me lance totalement dans la musique. Aujourd'hui, ils acceptent, forcés un peu par les événements », dit-elle en riant… Mais ils sont parfaits pour moi ! « En tant que parents, nous gardons les pieds sur terre. On a voulu maintenir ses rêves tout en la protégeant », ajoute sa maman.

Passion et volonté !

« Sans le violon, je pense que je ne me serais pas tant investie dans la musique ou peut-être j'aurais joué de la harpe. Je joue aussi du piano. L'important, ce n'est pas la volonté, c'est la passion. Mais c'est un mixte. Car le matin quand je dois me lever, certaines fois, c'est la volonté qui est plus importante. »

Ces deux dernières années, Renée était inscrite comme jeune talent au Conservatoire Royal de Liège et a repris ce 15 septembre. Elle continue de participer à différentes Master Class fréquentées par d'illustres violonistes comme Boris Kuschnir, Daniel Hope, Detlef Hahn, Sebastian Bohren…

Cet été, Renée a eu l'honneur de jouer avec son groupe de musique de chambre au Festival de musique de Konz au monastère de Karthaus. Elle a aussi évolué dans des concerts solistes, en orchestre ou encore en musique de chambre.

Elle a encore participé, toujours cet été, deux semaines au Festival de Musique de Cremona.

# 10-Joer-Feier Crèche Bim Bam

Vill Kanner mat hiren Elteren, fréier Mataarbechter a Representante vun eiser Direktioun an vun der Gemeng hu samsdes, de 14. September 2019, de Wee an den alen Atelier fonnt, fir dat 10-järegt Bestoe vun der Crèche Bim Bam zesummen ze feieren.

D'Crèche Bim Bam huet seng Dieren den 3. August 2009 opgemaach. Eng lokal Struktur mat der Missioun, déi sozial, sproochlech a kulturell Integratioun vum Kand a senger Famill an eiser Gemeng ze fërderen.

De 24. Mäerz 2010 war déi offiziell Aweiung a Präsenz vun der deemoleger Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

Beim Accueil vun de Gäscht kruten si eng Stoffposch mat eisem neie Logo geschenkt. Hinne gouf och d'Méiglechkeet ugebueden, bei eisem Gewënnspill matzemaachen, wou si d'Zomm vum Gesamtalter vum aktuelle Personal sollte schätzen.

Et gouf eng Ried iwwert d'Crèche gehale vun der Chargée Di Giambattista Loretta, da vum Här Direkter vun Elisabeth Lutgen Thierry a vum Här Buergermeeschter Schmit André.

Et war e gemittlechen Nomëtteg, bei deem d'Kanner sech konnte schminke loossen oder „nach Lust und Laune" mat Wuessfaarwen op Tapéit, déi um Buedem befestegt war, molen oder och mat Becheren Tierm bauen oder zesumme mat de Loftbäll spillen.

D'Personal an d'Elteren haten d'Méiglechkeet, an engem gemittleche Kader, bei Kuch a Gedrénks, sech ënnerteneen auszetauschen. Zum Schluss vum Dag konnte mer der Gewënnerin vum Spill de Bong iwwerreechen.

Mir wëllen dëse Wee notzen, fir der Gemeng Merci ze soen, déi eis deen Dag ënnerstëtzt huet an eis Gedrénks a Kuch offréiert huet.




Merci och den Dammen an Hären, déi eis deen Dag gehollef hunn, an der Pizzeria Gran Sasso, déi eis fir d'Gewënnspill e Bong gesponsort huet, an all den Elteren, Grousselteren a Kanner, déi sech d'Zäit geholl hunn, fir mat eis ze feieren.

*Calmes Stefanie*
*Crèche Bim Bam*



# Fairtrade 2019 in der Maison Relais Rousennascht

Es ist bereits Tradition in der Maison Relais von Schieren, dass wir jedes Jahr an der nationalen Fairtrade-Woche teilnehmen. In Luxemburg wird das Interesse für dieses Thema immer größer und der Marktanteil an verkauften Fairtrade-Produkten nimmt zu. Da unsere Maison Relais bereits ein ausgeschriebener Fairtrade-Partner ist und unser Speiseplan dementsprechend angepasst wird, erkennt man gut, dass wir uns der Bedeutung dieses Unterfangens sehr bewusst sind.

Ein fairer Umgang miteinander, Klima- und Umweltschutz stehen hier im Fokus. Wir vermitteln den Kindern auf eine interessante Art und Weise, dass der faire Handel Lösungen anbietet, um einen Teil der Ungerechtigkeiten für die Menschen in den Produktionsländern und die negativen Auswirkungen auf die Umwelt zu verbessern. Gerechtigkeit bei der Bezahlung und vorgeschriebene Umweltstandards erhöhen die Qualität der Produkte und verbessern die sozialen Partnerschaften der Länder untereinander.



Zusammen mit den Kindern haben wir ein tagesfüllendes Programm vorbereitet. Folgende tolle Aktivitäten haben wir mit unseren Kindern absolviert:

- Eine Schnitzeljagd für Groß und Klein
- Ein Picknick
- Ein Quiz
- Eine Bastelstunde mit dem Thema Fairtrade-Logo
- Ein Theaterstück



Um dieses Unternehmen zu bewerkstelligen, haben wir alle Akteure der Maison Relais mobilisiert. Sowohl das Erzieher- wie auch das Küchenpersonal und ganz besonders die Kinder halfen mit, sodass jeder Freude an diesem lehrreichen und unterhaltsamen Tag finden konnte. Ganz besonders hervorzuheben ist die Bühnenshow, bei der die größeren Kinder fair gehandelte Produkte vorstellten. Dabei war ganz besonders ihre Neugierde und Kreativität gefragt, um die dargebotenen Produkte kennenzulernen und um herauszufinden, was die markanten Unterschiede zu handelsüblicher Ware sind.



Begeistert waren die Kinder ebenfalls von unserem Fairtrade-Büfett mit Obst, Schokolade, Gemüse und Säften, an dem sie sich bedienen konnten und das sie im Garten der Maison Relais zu sich nehmen durften.

Auch in den kommenden Jahren wird es unsere Absicht sein, einen positiven Beitrag für ein besseres Miteinander im Jetzt und in der Zukunft zu gewährleisten.

# Rentrée scolaire 2019-2020 : Cycle 1

*Titulaire de classe :*
**Rosanna Leone**
*Éducatrices :*
**Annick Wantz,**
**Marisa Macedo**

Barros Rocha Tiago
Büchler Maxime
Ferreira Martins Lisa
Gomes Morais Keilana
Hau Elias
Heiles Noah
Heischbourg Pier
Leite Da Vinha Clara
Migueis Less David
Morais David
Muratovic Alaya
Ourth Zoé
Pereira Vicente
Peters Tim
Rodrigues Pereira André
Santos Pina Ryan
Schilling Raphael
Sorrentino Damiano




*Titulaires de classe :*
**Paula Barros,**
**Mireille Faber**

Al Omar Abdullah
Alff Louis
Back de Lima Clara
Drustinac Hanna
Furtado Correia Edgar
Kraus Leo
Ludovicy Lena
Melmer Mett
Perreira Diego
Queta Louana Ndéye
Recken Meisch Lucca
Schaul Weber Sam
Schilling Johanna
Stan Nolan
Toussaint Leo



*Fotoen: Carlo Thill*

# Rentrée scolaire 2019-2020 : Cycle 1

*Titulaire de classe :*
**Jessica Reiser**

Afonso Duarte Alex
Ahmatovic Sumeja
Albersmeyer Finja
Alff Julie
Badic Dzejla
Balazadeh Patrick
Baur Lyam
Cabral Fernandes Mayara
De Sousa Silva Matilde
Kayser Julie
Martins Campos Diego
Rosati Alessio
Suleiman Larissa
Suleiman Tony
Venâncio Postel Naela



*Titulaire de classe :*
**Martine Scheuren**

Afonso Vaz Iris
Alegre Pauwels Levi
Bartholmé Nikolay
Dalfino Ramos Loan
Dias Araujo Lyah
Hurt Loredana
Leite da Vinha Clayton
Migueis Lessa Mathilde
Monteiro Rico A. Filipa
Mossong Jayson
Schloesser Claude
Simon Mats
Wagner Petit Léon

*Intervenante dans toutes les classes :*
**Véronique Ludovicy**



*Fotoen: Carlo Thill*

# Tennis

De 6. Juli hu mir mat eisem Ofschlossgrillen eis Interclubs-saison gefeiert. Ab 14h00 waren eis Memberen invitéiert, de leschte Championnatsmatch vun der 1. Dammenequipe ze supportéieren. Dono gouf sech mat engem gudde Maufel fir den Dubbel-Nuetstournoi gestäerkt. Bis no Mëtternuecht si Jonk an Al zesummen iwwert d'Terrainë gelaf an hunn ëm all Ball gekämpft.



**De Beachtennistournoi organiséiert mam TC Dikrech**

Den 20. Juli hu mir zesumme mam Dikrecher Tennis e Beachtennistournoi hannert der Dikrecher Schwämm organiséiert. Och wa mer vläicht manner Inscriptiounen hate wéi déi Jore virdrun, huet et u gudder Stëmmung, super Wieder a sportlechem Engagement net gefeelt. Eng nächst Editioun ass net auszeschléissen.

Och an der Summervakanz huet eisen Trainer Thomas Bleses mat senger Equipe eise Kanner erméiglecht, ze trainéieren a sech weiderzeentwéckelen. Hien huet 2 Stagen op den Ettelbrécker a Schierener Terrainen organiséiert, wou hien de Kanner en ofwiesslungsräichen Trainings-programm ugebueden huet. Wéi och schonn déi Jore virdru war säi Stage e volle Succès an d'Kanner waren immens begeeschtert a motivéiert, fir dierfen deelzehuelen.



**U gudder Stëmmung huet et um Jux-Tournoi net gefeelt.**





Eng weider Aktivitéit vum eise Memberen an dem Comité war d'Visite vun der Bouferdengs-Brauerei den 20. September zu Bascharage. Nodeems mir déi verschidde Brauetappen erkläert a gewise kruten, duerfte mer an der Brasserie un enger Béierdegustatioun deelhuelen an eis virum Heemwee op Schieren nach emol stäerken.

E leschten a ganz wichtege Rendez-vous fir d'Tennisfrënn ass den traditionellen Tournoi Marcel Nilles, dee mer ëmmer am September organiséieren. Dëst Joer hu mer fir d'éischt och e Jux-Dubbeltournoi proposéiert, deen et och eisen net lizenzéierte Spiller erméiglecht, sech unzemellen. Et gouf um Terrain vill gelaacht, de Géigner hin an hier lafe gedoen an nom sportlechen Effort e Patt zesumme gedronk.

Am Hierscht a Wanter gëtt et vläicht um sportleche Plang méi roueg beim TC Schieren, mee mer proposéieren eise Memberen an de Schierener Leit eisen traditionelle Mullenowend, e Kniddelsiessen, de Raclettesowend an de Matchball. Fir eise Bal krute mer d'Djen Hoffi an Zambesi engagéiert, wou mer eis drop freeën, e lëschtegen Owend mat gudder Après-Ski-Musek mat Iech ze verbréngen.

*Fir den TC Schieren*
*Zeimes Ann an Thill Laura*

# Schierener Bullemettien – Championnat Interclubs 2019

## CLASSEMENT DIVISION 1

| CLUB | 27.04.2019 RIGANELLI | 12.05.2019 MONDORF | 18.05.2015 CIB | 01.06.2019 STEINFORT | 16.06.2019 STEINHEIM | 22.06.2019 LASAUVAGE | 30.06.2016 BELVAUX | 06.07.2019 KAYL | 01.09.2019 BOULE D'OR | 07.09.2019 DUDELANGE | 14.09.2019 CLAIR-CHÊNE | TOTAL |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Riganelli | 50 | 50 | 55 | 50 | 50 | 50 | 50 | 55 | 60 | 50 | 60 | 580 |
| Schifflange | 50 | 45 | 45 | 50 | 55 | 45 | 50 | 50 | 45 | 50 | 45 | 530 |
| Dudelange | 40 | 50 | 40 | 40 | 40 | 40 | 45 | 40 | 40 | 50 | 40 | 465 |
| Kayl | 40 | 45 | 40 | 35 | 40 | 35 | 45 | 25 | 40 | 30 | 35 | 410 |
| Clair-Chêne | 35 | 30 | 35 | 35 | 30 | 40 | 30 | 40 | 20 | 30 | 30 | 355 |
| Belvaux | 40 | 30 | 30 | 35 | 30 | 35 | 35 | 30 | 35 | 25 | 20 | 345 |



## CLASSEMENT DIVISION 2

| CLUB | 28.04.2019 RIGANELLI | 05.05.2019 DUDELANGE | 19.05.2019 CIB | 01.06.2019 STEINFORT | 15.06.2019 STEINHEIM | 22.06.2019 LASAUVAGE | 30.06.2019 BELVAUX | 07.07.2019 KAYL | 27.07.2019 MONDORF | 31.08.2019 BOULE D'OR | 15.09.2019 CLAIR-CHÊNE | TOTAL |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Steinheim | 45 | 50 | 40 | 45 | 40 | 35 | 50 | 55 | 40 | 35 | 35 | 470 |
| Lasauvage | 45 | 35 | 35 | 40 | 20 | 55 | 45 | 50 | 45 | 45 | 45 | 460 |
| Steinfort | 35 | 35 | 50 | 30 | 50 | 35 | 45 | 40 | 40 | 50 | 50 | 460 |
| Mondorf | 45 | 40 | 40 | 45 | 45 | 35 | 25 | 30 | 45 | 40 | 45 | 435 |
| Boule d'Or | 40 | 35 | 40 | 40 | 35 | 45 | 25 | 30 | 20 | 25 | 30 | 365 |
| **Schieren** | **30** | **35** | **40** | **30** | **30** | **30** | **35** | **30** | **40** | **30** | **35** | **365** |
| CIB | 20 | 15 | 35 | 20 | 25 | 20 | 35 | 35 | 25 | 15 | 30 | 275 |
| Trois Glands | 25 | 25 | 15 | 25 | 10 | 20 | 15 | 20 | 15 | 10 | 10 | 190 |
| Miseler | 5 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 5 |

# Schierener Bullemettien – Journée Nationale Sportive











Bei beschtem Wieder hunn d'Schierener Bullemettien am Kader vun der Journée Nationale Sportive (FIT 50 Plus) samsdes, de 14. September 2019, en „Atelier“ geréiert, fir d'Bulle-Sportsaktivitéit den „50-Plus-Leit“ ze weisen.

19 Senioren haten sech deen Dag op Schieren an de Géier deplacéiert, wore begeeschtert a sinn nit onzefridden heemgaangen.

Eng positiv Randbemierkung wor, datt e fréiere Garagist vun Angelduerf mat 92 Joer nach gutt matgespillt huet.

Vun de Schierener Bullemettien haten sech d'Rose Michels, d'Nunzi an de Marcel Frising, de Romain Pauly, de Paul Suttor, den Elvir Latic an de Rom Goerens de ganze Samsden Zäit geholl, fir déi Aktivitéit z'encadréieren.

*Fotoen: Paul Suttor*









# D'Schierener Bullemettien op den JPEE am Montenegro (27.-31. Mee 2019)





7 Spiller vun de Schierener Bullemettien haten sech freides, de 24. Mee iwwer Frankfurt op de Wee op Podgorica an de Montenegro gemaach.

Direkt den éischten Dag konnte mir eis vun de schéine Landschaften an Zentral- an Nord-Montenegro iwwerzeegen.

Den Elvir an den Edin Latic (vun der Firma BIHOR) hunn eis hir Heemecht gewisen an hir Gaaschtfrëndlechkeet wor exemplaresch.

Pour info: den Numm „BIHOR" vun hirer Firma ass eng Regioun vum Montenegro.

Mat hiren Ausflich si mir an de Bierger bis op d'serbesch an d'albanesch Grenze gefuer.

No e puer Deeg Bierger a Schluchten goung dunn d'Rees op Budva un d'Adria, wou d'Spiller vun de Klenge Länner ofgehale goufen.

Well de Competitiounsprogramm zimlech enk gestréckt war an d'Wieder och nit matgespillt huet, hu mir eis leider fir nëmmen eng Sportaart, d'Pétanque an d'Boule Lyonnaise missen entscheeden.

Mat eise 7 Leit wore mir dann och nieft Lëtzebuerger Sportler a Betreier déi eenzeg Supporteren, fir eis Nationalekippen am schlechte Wieder z'encouragéieren.

Mir goufen nit am Stach gelooss a konnten iwwert déi dräi Competitiounsdeeg eng flott Relatioun mat de Pétanquesnationalspiller erliewen.

Eis Spiller hunn éis mat gudde Leeschtungen iwwerzeegt an hunn d'Medailen nëmmen esou ofgeraumt.

Vill schéi Momenter hu mir mat hinnen an de Victoiren erlieft.



**Hei de Palmarès**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 1.) | PÉTANQUE | par Équipe | Hären | Team Lëtzebuerg | GOLD |
| 2.) | PÉTANQUE | individuell | Hären | CONTARDI Claudio | GOLD |
| | | | | SANTIONI Massimo | BRONZE |
| 3.) | PÉTANQUE | individuell | Dammen | DEMANGE Nathalie | GOLD |
| | | | | ONGARO Indira | SËLWER |
| 4.) | BOULE LYONNAISE | individuell | Hären | BARONE Gary | BRONZE |

E grousse BRAVO fir eis lëtzebuergesch Ekippen

No de sportlechen Deeg hu mir eis d'Stied Budva a Kotor ugekuckt a konnten d'Schéinheet vun der montenegrescher Adriaküst genéissen.

Fazit : De Montenegro ass schonns eng Rees wäert !!!

Leider ass freides, den 31. Mee, eise Montenegro-Trip zu Enn gaangen.

# D. C. Red Barons – Saison 2018-2019

Nodeems d'Barons an der Summerpaus bekanntlech d'Federatioun gewiesselt haten an der EDFL bäigetruede sinn, kënne mer no eiser 1. Saison praktesch just Positives vermierken. Net nëmmen a sportlecher Hisiicht war de Wiessel en Erfolleg, mee och wat d'Gerenns uechtert d'Land an déi finanziell Ausgaben ugeet!

No enger guer net schlechter 1. Saison 17-18, konnte mer eis 18-19 spilleresch nach emol verbesseren. Obwuel mer an der Summerpaus mat dem Christian an dem Gilles 2 wichteg Spiller verluer haten, konnt dat eis net dovun ofhalen, eis nach emol an alle Belangen ze steigeren. Vläicht hate mer och einfach net méi déi Nervositéit vun enger „1. Saison" an de Käpp …

Op jidde Fall ass et duergaang, fir eis Equipe op eng exzellent 3. Plaz an der Éierepromotioun ze werfen, an esou de Verbleif an där Divisioun och an der nächster Saison ze garantéieren.

Fir d'Saison 19-20, déi ufangs Oktober wäert starten, ass et eis zudeem gelongen, mam Jorge Rodrigues e richtegen „Hot Shot" vun Dikrich op Schieren ze transferéieren, wat eis Ausgangspositioun fir d'nächst Joer nach emol verbessert!











# Chorale Caecilia Schieren – Lescht Aktivitéiten



Den 22.06. um Virowend vum Nationalfeierdag huet eis Chorale de feierlechen Te Deum an der Kierch gesongen.

Den 23.06. ass op den Dag vum Nationalfeierdag och den Härläichendag gefeiert ginn, a wéi et schonns zanter Joren Traditioun ass, huet eis Chorale op dësem Dag d'Radiosmass gesongen. Dëst Joer hate mir Ënnerstëtzung vun der Chorale Ste-Cécile vun Ettelbréck, an nodeem eisen Organist Marc Garson d'Mass op der Uergel mam *Prélude du cinquième ton, second livre vum Jacques Boyvin* ageleet hat, stoung déi 4-stëmmeg Mass *Missa brève in C vum Charles Gounod* um Programm.

De Marc huet als Sortie *Boléro de Concert vum Lefébure-Wély* gespillt.

D'Mass ass vum Här Maurice Péporté zelebréiert ginn, dëst zesumme mam Här Bëschofsvikar, dem Här Georges Hellinghausen, deen och de Festpriedeger war.

No der Mass hu vill Leit un der Härläichepressessioun deelgeholl, déi iwwert d'Haaptstrooss a Richtung Kierfecht gaang ass, an d'Chorale huet bei der Kapell op der Valisplaz esou wéi och bei der Kapell um Kierfecht den *Tantum Ergo*, an zum Ofschloss de *Großer Gott wir loben Dich* gesongen.

Ënnert der Leedung vum Elena Tanase stoung de 06.07. e weltleche Concert um Programm. Mir goufen dëst Joer vu verschiddene Memberen aus der Chorale Ettelbréck an Ierpeldeng ënnerstëtzt.

Et waren, esou wéi dat lescht Joer, nees lauter bekannte Melodien um Programm, ënnert anerem: *Oh happy Day, Come Prima, Plaisir d'Amour, Yesterday, Tulpen aus Amsterdam, Wann se Muerges fësche ginn* asw.

Leider konnten awer 2 Solistinnen krankheetshalwer net um Concert deelhuelen, mee dofir waren eis Sängerinnen a Sänger vu professionelle Museker encadréiert.

Besonnesch eise Pianist, de Cosimo Colaci, huet d'Sänger esou wéi och de Publikum richteg matgerappt.

Et war dëst allerdéngs de leschte Concert mat eiser Dirigentin Elena Tanase. D'Leedung vun eisem Chouer gëtt ab September vum Här Jean Gehlen iwwerholl.



D'Leit konnten hien um Concert och schonns als Solist erliewen, wou hien dem Gilbert Bécaud säi bekannt Lidd: *Et maintenant, que vais-je faire* virgedroen huet.

Nodeems d'Kulturkommissioun der Dirigentin mat engem Bouquet Merci gesot huet, huet och d'Chorale e Cadeau iwwerreecht, fir déi 3 Joer, wou d'Elena mat eis geschafft huet.

Duerno gouf eisen neien Dirigent kuerz virgestallt.

Als Dirigent vun Ettelbréck ass de Jean Gehlen fir eis keen Onbekannten, hien huet eis schonns e puer Mol dirigéiert, dëst bei Begriefnesmassen, esou wéi och dëst Joer an der feierlecher Ouschtermass.

Eis Kulturkommissioun huet et och begréisst, dass den Här Gehlen elo d'Leedung vun der Chorale iwwerhëlt, an huet him all néideg Ënnerstëtzung zougesot.

Ënnert dëser neier Leedung hu mir dann am August d'Hochzäitsmass vum Marc Goerens ageprouft, déi mer den 10.08. gesongen hunn.

Fir 2020 ass och nees e weltleche Concert geplangt, dëst ënnert dem Thema „Eng musikalesch Weltrees". Dir sidd alleguer elo schonns häerzlechst invitéiert, fir eis op dëser Weltrees ze begleeden.

Mir hunn awer nach ëmmer e grousst Uleies. Fir weiderhi kënnen als eegestännege Chouer ze bestoen, siche mir nei Sängerinnen a Sänger. Et si bestëmmt vill Leit am Duerf, déi schéi kënne sangen, dofir traut Iech roueg.

Wann Dir intresséiert sidd, kënnt Dir Iech bei engem Member vun der Chorale mellen, mir kommen Iech och gäre sichen.

Eis Prouwe sinn donneschdesowes vun 19:00 bis 20:30 Auer. Dir sidd all häerzlechst wëllkomm an eiser Chorale.

*Text: M. Ley*
*Fotoe Concert: Jerry Schlentz*






SchiereN



# Gaart an Heem Schieren

## Generalversammlung

Vun der 93. Generalversammlung, déi mer dënschdes, den 11. Dezember 2018, ofgehalen hunn, ass zréckzebehalen, datt de Veräin d'Joer mat engem klenge Boni ofgeschloss huet.

D'Keessekontrollere krute fir hir laang Tätegkeet, de Georges Petit fir 38 Joer an de Frank Meyer fir 30 Joer, e Cadeau iwwerreecht.

Zwee Leit aus dem Comité, de Robert Hanff an d'Gréitchen Bertemes, hunn hir Kandidatur fir de Comité ëm véier Joer verlängert. Aner Kandidature fir de Comité waren net do.



No der Versammlung huet d'Madame Claire Pauly, Neurospycholog a wëssenschaftlech Mataarbechterin am Team vum Prof. Dr. Krueger vun der Uni Lëtzebuerg, en intressante Virtrag iwwer d'Parkinsonkrankheet gehalen. D'Uni Lëtzebuerg an de Centre Hospitalier Lëtzebuerg maachen zesummen eng Etude iwwer Parkinson: Wat ass déi Krankheet a wéi kann een hëllefen? Et kann een un dëser Etude deelhuelen. Informatioune kritt een och zu Ettelbréck am Centre Hospitalier du Nord.

No der Zéiung vun der Tombola gouf et nach e kille Pättchen. Eis Schnittercher hate mer bei der Ligue HMC bestallt. D'Ligue féiert zu Ierpeldeng am Ala-Zenter de „Restaurant um Goldknapp". De Champes huet eise Vizepresident Robert Hanff gestëft.

## Mammendag

Eis Mammendagsfeier war dëst Joer samschdes, de 15. Juni, an der Vollekskichen.

Ëm halwer zwielef goung et lass mam Aperitif.

Um Méttesmenu stoung Kallefsbrot, gebrode Gromperen, Gromperegratin, Geméis, Zalot an Dessert.

Während dem Méttegiessen huet d'Nadine eis op sengem Akkordeon mat flotte Melodien ënnerhalen.





Als Cadeau fir Mammendag hunn d'Mammen nëmmen den halwen Präis vum Menu bezuelt an si kruten eng Rous, éier se heem gaang sinn.

## Eis Rees an den Haarz vum 14. bis 18. Juli 2019

Mir si sonndesmoies pünktlech gestart.



Nodeems mir zu Höhr-Grenzhausen gutt Kaffi gedronk hunn, goung et weider op Hannoversch Münden, wou mer nom Méttegiessen Zäit haten, fir an d'Alstad ze tréppelen an déi vill schéi Fachwierkhaiser ze bewonneren. Weider goung et dunn op Hildesheim. Mir hunn am 4-Stären-Hotel „Van der Valk Hotel Hildesheim" geschlof.

Méindes hu mer d'Schlass Marienburg besicht. Dëst ass déi gutt erhale Summerresidenz vun de Welfen, dem eelste Fürstenhaus vun Europa. D'Schlass gehéiert haut dem



Ernst August Erbprinz von Hannover, dem Ururenkel vun der Kinnigin Marie an hirem Mann, dem Kinnek Georg V., deen d'Schlass baue gelooss huet. Nom Mëttegiessen am Hotel goung et dunn zu Fouss duerch Hildesheim. Zum UNESCO-Weltkulturerbe gehéiert zanter 1985 d'Kierch Sankt Michaelis an den Doum Sankt Mariä Himmelfahrt. D'Kierch Sankt Michaelis ass evangelesch an de komplett erneierten Doum kathoulesch. Zu Hildesheim gëtt Ökumeen groussgeschriwwen. Déi zwou Kierche schaffen enk zesummen.



Dënschdes hu mer e weidert UNESCO-Weltkulturerbe besicht, an zwar d'Fagus-Werk zu Alfed.

Dëst Gebai ass mat dat éischt, wat den Architekt Walter Gropius am Bauhausstil gebaut huet. An dësen historesche Gemaier gëtt nach produzéiert, an zwar Schongleeschten. Vu datt bal keng Schong méi an Däitschland gemaach ginn, geet dat Meescht vun hirer Produktioun an Asien. Nom Mëttegiessen zu Goslar wor et dunn un engem Tour mat der Goslarer Bimmelbahn duerch déi ebenfalls zum UNESCO-Weltkulturerbe ernannten Alstad.

Um Heemwee hu mer an der Klosterbrennerei Wöltingerode d'Geschicht vum Klouschter a senger Brennerei kennegeléiert a mir konnten och verschidde Likören an Dreppercher schmaachen a kafen.

Mëttwochs hu mir eis de ganzen Dag um Gebitt vun der fréierer DDR beweegt. Eis éischt Statioun war Quedlinburg. Quedlinburg gehéiert zanter 1994 zum Weltkulturerbe vun der UNESCO. Virum Iessen konnte mer gemittlech duerch d'Alstad trëppelen. Nom Mëttegiessen goung et weider an d'Bëschofsstad Halberstadt. Do goufe mer mat engem historeschen Tram duerch déi 1.200 Joer al fréier Bistumsstad gefouert.

An der „staatlichen Glasmanufaktur Harzkristall" zu Derenburg konnte mer live materliewen, wéi mat vill Geschéck a Gefill vun engem Glaskënschtler wonnerschéin Objeten entstinn.

Donneschdes huet et du schonns nees geheescht, d'Valisse paken. Ëm halwer néng si mer gestart an hunn eis op de Wee gemaach bei de „Rattenfänger vun Hameln". Deen huet eis während enger Stonn duerch Hameln gefouert an eis, begleet mat senger Musek, déi „richteg" Geschicht vum Rattenfänger erzielt.



D'Mëttegiessen war zu Soest an no enger klenger Paus an der Schneifel ware mer du géint néng Auer nees all gesond a monter doheem.

## Léiffrawëschdag

Och dëst Joer hu mer erëm Wëscher gebonnen, déi mëttwochs, de 14. August, an der Virowendmass zu Léiffrawëschdag vum Här Paschtouer Péporté geseent goufen.

Merci all deene Leit, déi eis Blummen a Kraider gespent hunn.

Et war jidderengem fräigestallt, e klengen Obolus an eis Këscht ze leeën. Merci dofir.



# News vun de Schierener Musikanten







## Auditioun zu Schieren

Den 2. Mee 2019 huet d'Schierener Musek zesumme mat der Gemeng Schieren an dem Conservatoire du Nord eng Auditioun an hirem Proufsall organiséiert. No enger kuerzer Begréissung konnten d'Schüler hiert Kënnen ënner Beweis stellen. No enger ganz erfollegräicher Auditioun gouf en Éirepatt zervéiert. *Text: Sally Nickels*



## Hämmelsmarsch

De Weekend vum 8. an 9. Juni war Kiermes am Duerf. Wéi d'Traditioun et wëll, war d'Schierener Musek op deenen zwee Deeg rëm mam traditionellen Hämmelsmarsch duerch d'ganzt Duerf ënnerwee. Um Sonndegmoie gouf et net nëmmen eppes ze héieren, mee och nach ze kucken, wéi d'Musek um Hämmelsmarsch vun zwee Hämmelen mat hire Lämmercher duerch d'Haaptstrooss begleet gouf.

*Text: Christophe Heck*



## Concert vun der Jugendmusek zu Buerschent

Am Kader vun hirem 30. Anniversaire huet d'Chanterelle, e Kanner- a Jugendchouer aus der Buerschter Gemeng, den 2. Juni 2019 en Dag mat Rallye a Concerten zu Buerschent um Schlass organiséiert. Mat dobäi waren nieft der Jugendmusek vu Schieren „Les Enfants de l'Alzette" vu Beetebuerg, d'Sauerquakerten vu Rouspert, d'Gënzebléie vun Heischent an d'Organisateuren, d'Chanterelle vu Buerschent. All Grupp konnt am Nomëtteg hiert Kënnen an engem Concert presentéieren. Fir eis Jugend war dëst eng flott Ofwiesslung, well net ëmmer huet een d'Méiglechkeet, an de Kulisse vun enger Buerg e Concert ze spillen. *Text: Sally Nickels*





## Summerfest

Sonndes, den 30. Juni, huet d'Schierener Musek op hiert Summerfest beim Alen Atelier invitéiert an hat fir de musikaleschen Deel d'Big Band Crazy Cube op Besuch, déi géint Mëtteg e Concert-Apéro gespillt huet. Nom uschléissende Bingo, huet de groussen Orchester vun der Leidelenger Musek um 14:30 Auer ënnert der Direktioun vum Jean-Marie Grimler gespillt. Fir de musikaleschen Ofschloss huet d'Schierener Jugendmusek, ënnert der Leedung vun der jonker Dirigentin Sally Nickels, gesuergt. D'Musek seet de Leit, déi der Invitatioun nokomm sinn, ob Musikanten oder Leit aus dem Duerf oder rondrëm, grad wéi de Sponsoren an Donateuren en häerzleche Merci fir hir Präsenz an Ënnerstëtzung.

*Text: Christophe Heck*









## E flotte Weekend an Holland

Dëst Joer huet d'Schierener Musek hir Memberen op en Ausfluch an Holland invitéiert. Zu 37 hu mer eis de 6. September mat Zäit Richtung Holland gemaach. No enger Kaffispaus zu Maastricht goung et weider an d'Stad Utrecht. Intressant Informatiounen iwwert d'Stad esou wéi och iwwert verschidde bekannte (fréier) Perséinlechkeete krute mer am Kader vun enger Visite guidée matgedeelt.

Um 2. Dag stoung eng Grachtenfahrt zu Amsterdam um Programm. De Rescht vum Mëtteg huet jidderee genotzt, fir d'Stad op seng Manéier z'entdecken: déi eng hu sech d'Anne-Frank-Haus ugekuckt, déi aner hunn en Tour iwwert de Blummemaart gemaach oder hunn déi kulinaresch Spezialitéite vun Amsterdam probéiert.

Um 3. a leschten Dag hu mer eis d'Stiedche vum beschtbekannte Kéis „Gouda" ugekuckt. D'Mëttegpaus hu mer op der Nordsee zu Scheveningen (e Quartier vun Den Haag) verbruecht. Ofgeschloss hu mer den Ausfluch mat enger Visite am Miniaturparc „Madurodam", an deem déi besonnesch Merkmaler vum Land am klenge Format duergestallt sinn.

*Text: Carmen Nickels*
*Fotoen: Carlo Thill*












BLUE BOAT













# Porequipe

## Mat de Massendénger an der Oktav – 21. Mee 2019





Zënter dem leschte Joer hunn eis Primärschoulkanner net méi fräi fir de Pilgerdag.

D'Eltere mussen eng schrëftlech Demande un d'Léierpersonal maachen, fir datt hir Kanner däerfen mat an d'Oktav. Et ass ze verstoen, datt vill Elteren dee Schratt net wëlle maachen, de Programm an der Schoul leeft virun! Zu Schieren hate mer awer d'Chance, datt gläich 3 vun eise 7 Massendénger mat an d'Oktav gefuer sinn. Am Ganze waren si nëmmen zu 6 aus der Par Ettelbréck fir ze déngen. Eis 3 ware ganz stolz, datt si schonn e puer Wochen no hirer éischter helleger Kommioun an der Kathedral konnten déngen, an dat virum Bëschof! Mir hoffen, datt si d'nächst Joer och nees derbäi sinn!

## Massendéngerausfluch an d'Phantasialand – 31. Mee 2019

Well et all Joer esou vill Spaass mécht, si mir nees emol an d'Phantasialand gefuer. Fir datt och déi meescht konnte matfueren, hate mir beschloss, eisen Ausfluch des Kéier emol méi fréi ze maachen. Well mir just nach e puer Massendénger hunn, an domadder de Bus nimools gefëllt kréien, hu mir einfach hir Elteren a Geschwëster matgeholl.

Leider war den 31. Mee e ganz schlechten Dag, de Park war esou voll, wéi mer et nach ni erlieft haten. Scho fir dohinner hate mer 7 km Stau op der Autobunn. De Chauffeur huet, wéi all déi aner och, eise Grupp op der Offaart aus dem Bus gelooss a mir sinn de leschte Kilometer zu Fouss an der Park gaangen. Am Park goufen et iwwerall Waardezäiten, bei verschiddene Spiller bis zu 120 Minutten. Fir eng Glace ze kafen, stoung ee bis zu 40 Minutten an der Rei, fir e Mëttegiessen, bis zu enger Stonn, esouguer op den Toilettë gouf et Stau.







Schued fir eis Kanner, mee si waren trotzdeem zefridden. Well mer zu vill Erwuessener waren, konnte mer d'Kanner gutt opdeelen, a jidderee koum zu deem, wat e wollt.



Déi eng hunn 1 Stonn an der Schlaang gestan, fir op d'Fear an Force, dofir sinn anerer awer déi Zäit an den 3D-Kino gaangen, hunn op der Geisterbahn geziddert oder souzen um Kettenkarussell. D'Maus au Chocolat an och „Das verrückte Hotel" konnte mer all zesumme maachen, an dat huet richteg Spaass gemaach! Trotz Stau op der Autobunn a laange Waardeschlaange bei de Spiller waren eis Kanner awer zefridden, an ech mengen, si ginn och nach emol mat, mee dann nees am September, wann op deene meeschte Plazen d'Schoulen nees amgaang sinn!

Kanner, ech verspriechen iech, et war net dee leschten Ausfluch an d'Phantasialand!

… a bis dohinner sidd der alleguerten iwwer 1,40 m, dann däerf jiddereen op d'Black Mamba!

## Härläichendag – 23. Juni 2019

Wéinst de Feierlechkeete vun Nationalfeierdag hat eisen Här Paschtouer d'Decisioun geholl, zu Ettelbréck net mat der Prëssessioun duerch d'Foussgängerzon ze goen, well bis sonndesmoies d'Foussgängerzon net konnt gebotzt ginn. Dofir waren d'Leit all invitéiert, op Schieren ze kommen. Ganz vill Leit haten déi Invitatioun ugeholl, ronn 50 Kommiounskanner hu Blumme gestreet an zirka 200 Erwuessener hunn un der Prëssessioun deelgeholl. Eis Kierch war gefëllt bis op déi lescht Plaz. Dat ass alles e bëssen Organisatioun, 50 Kanner, déi net wëssen, wéi d'Blumme gestreet



ginn. Wéi all Joer ass d'Mass och um Radio iwwerdroe ginn, dofir huet och fir Rou an der Kierch misse gesuergt ginn. Eng ganz Rei Leit vun Ettelbréck hunn eis eng Hand mat ugepaakt, well ouni hir Hëllef wier dat net ze meeschtere gewiescht. Hinnen all e grousse MERCI.



Awer och eise Sänger a Sängerinnen en décke MERCI fir déi schéi Radiosmass.

## Tarcisiusfest zu Biissen um Wobierg – 9. Juli 2019

Den hellegen Tarcisius ass de Massendénger hire Schutzpatréiner. Vill Leit hunn nach ni eppes vum Tarcisius héieren. Den Tarcisius huet zu Roum gelieft an huet säi jonkt Liewe misse loossen, well en deene Kranken d'Kommioun gedroen huet. Hien ass op der Strooss erschloe ginn, well hie sech fir aner Leit wollt asetzen. Den Tarcisius ass zu Roum an de Calixtus-Katakomben an der Via Appia Antica begruewen. Déi Massendénger, déi schonn eemol mat op Roum waren, waren d'Graf scho besichen, an 2023 bei der nächster Wallfaart op Roum steet och eng Besichtegung vum hellegen Tarcisius sengem Graf um Programm. Och eng grouss bronze Statu steet zënter 10 Joer zu Roum, déi Statu, déi mer och mol fir kuerz Zäit zu Iechternach bei der Abtei konnte bestaunen.



D'Tarcisiusfest gëtt all Joer an enger anerer Par gefeiert. Dëst Joer war et op d'Par Biissen gefall, a well Biissen jo net wäit ewech ass, hu mir och un der Tarcisiusfeier deelgeholl. Leider konnt just eist Kathrine matfueren, an zu Colmer hu mer och nach 2 Massendénger opgelueden.

No enger flotter Feier an der Rochuskapell sinn d'Massendénger zesumme mat hire Responsabelen an e puer lëschtege Paschtéier op de Wobierg eropgetréppelt an hunn op der Spill- a Grillplaz flott Spiller gemaach. D'Massendénger hunn nei Kollege kennegeléiert a Schoulkollegen erëmbegéint, déi mol mat hinnen an d'Schoul gaange sinn. Och wann der leider net vill derbäi waren, déi, déi do waren, hunn e flotten Nomëtteg um Wobierg verbruecht!

# De 25. September 2019 huet den Turnveräin op seng 23. Generalversammlung agelueden





D'Juliette Kemp an d'Monique Thill hunn e Réckbléck iwwert déi vergaange Saison gemaach.

85 Membere waren a 4 Sektiounen ageschriwwen. Dëst waren:

- Déi 2 Dammegruppen, den dynamesche Stepaerobic an déi méi moderéiert Ganzkierpergymnastik
- D'Sektioun Réckenturnen fir Dammen an Hären. Hei ginn ënnert fachmännescher Uleedung spezifesch Übunge gewisen, fir d'Réckemuskulatur ze stäerken
- De Grupp vum Selfdefense fir Erwuessener a Kanner vun ca. 5 Joer, dee säit Joren e grousse Succès huet.

Den Horaire vun den Turnstonne bleift an der neier Saison onverännert.

Déi sozial Tariffer solle jiddweree motivéieren, fir an enger vun de Gruppe matzemaachen.


D'Trainerin vun de Gymnastikgruppen an dem Réckenturnen, Fränz Nickels, souwéi d'Trainere vum Selfdefense, d'Isabelle Grüneisen mat senger Ekipp, kruten haërzlech Merci gesot fir hiren Engagement am Veräin.

En anere Merci goung un d'Gemeng fir de Subsid, duerch deen den Exercice positiv ofschléisse konnt. D'Keesserevisore Christiane Reiter a Rose Michels hunn der Versammlung Entlaaschtung fir d'Tresorière proposéiert.

Nodeems nach verschidde Frënn vum Veräin Merci gesot kruten, huet den Eric Thill a senger Qualitéit als 1. Schäffen a sengem Schlusswuert de Veräi gelueft fir seng gutt Aarbecht an och d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng fir déi nächst Jore verséchert.

Sport a Beweegung
verbesseren d'Liewensqualitéit.

*Juliette Kemp*






## Frënn vum 3. Alter zu Monschau

D'Frënn vum 3. Alter woren den 29/05/19 en Ausfluch op Monschau maachen.

Um Programm stoungen d'Glashütte an d'Senfmühle. Mir hunn awer och e Maufel giess an e Pättche gedronk. Um Heemwee hu mir als Comité an zefridde Gesiichter gekuckt an et wäert och net dee leschten Ausfluch gewiescht sinn.

Merci deene 25 Leit, déi derbäi woren.











# Natur erliewen an der Gemeng Schieren

Säit 2018 organiséiert de SICONA an der Gemeng Schieren an Zesummenaarbecht mat der Maison Relais flott Kanneraktivitéiten am Kader vun engem Ëmweltdiplom. E riicht sech u Schoulkanner aus der Gemeng Schieren (Cycle 2-4). Fir deen Diplom ze kréien, muss ee bei op d'mannst fënnef Aktivitéite matgemaach hunn; et kann een awer och u manner Aktivitéiten deelhuelen. D'Matmaachen ass gratis.

D'Zil vun de Kanneraktivitéiten ass et, de Kanner nieft der Schoul weidert Wëssen iwwert d'Natur matzedeelen. Dofir ginn d'Aktivitéiten och ausserhalb vun der Schoulzäit ofgehalen. Mee d'Wëssensvermëttlung ass net alles: d'Kanner solle sech an der Natur och wuelfillen a Freed drun hunn.

Dëst Joer si schonns eng Rei Aktivitéite fir Kanner an der Gemeng Schieren gelaf; bis November stinn nach weiderer um Programm.

Am Mäerz ass déi éischt Aktivitéit organiséiert ginn. Ofgehale gouf e Strategiespill am Bësch, wou et drëms gaangen ass, Proviant ze sichen, Baumaterial ze sammelen, fir domadder eng Siidlung ze bauen, a senge Feinden aus dem Wee ze goen.

Am Abrëll gouf dann iwwert dem Feier gekacht: d'Kanner hu sech ënner Uleedung eng flott Moolzecht zoubereet, déi dann um Feier gekacht ginn ass, an duerno gouf gutt zesumme giess.

Am Mee gouf et rasant; do ass nämlech am Bësch eng Jickebunn gebaut ginn. Dobäi ass am Buedem gebuddelt ginn, fir datt eng Bunn entstoe konnt, déi d'Jicken esou laang ewéi méiglech rulle léisst, ouni datt se vum Wee ofkommen.

De Juni stoung ganz am Zeeche vum Bastelen. D'Kanner si Materialie siche gaangen, déi si an der Natur fonnt hunn, an hunn domadder déi verschiddenste Saache gebastelt. Der Fantasie ware keng Grenze gesat!

Am Juli goung et dann e bëssche méi handwierklech zou. Mat de Kanner sinn aus Holz flott Saache geschnëtzt ginn, zum Beispill Läffelen.

Am August war Summerpaus; et geet am September mat den Aktivitéite weider.

*Karima Djemana vum SICONA*



# Kanneraktivitéite mam SICONA

## Feierkichen

Als zweet Ëmweltaktivitéit vum Joer 2019 stoung en Dënschdeg, den 23. Abrëll, wéi gewinnt ënnert der Leedung vun der Animatrice Nicole van der Poel, d'Feierkichen um Programm. 20 Kanner haten sech ugemelt a si ware pünktlech um 14h30 am Léibierg ënnert der Bréck um Rendez-vous, fir un dëser Aktivitéit deelzehuelen, 11 dervu koumen a Begleedung vun enger Educatrice aus der Maison Relais.

Et gouf eng Geméiszopp aus Naturkraider gemeet. Déi eng hunn ënnert der Leedung vun der Animatrice Nicole déi eenzel Kraider kennegeléiert an hu se gesammelt. Anerer hu Grompere geschielt, an nach anerer hu Reiser gesammelt an d'Feier um Grill ugefaang. Nodeems d'Kraiderzopp fäerdeg war, hunn d'Kanner sech se gutt schmaache gelooss. Kuerz no 4 Auer gouf alles zesummegeraf an si hu sech op den Heemwee gemeet.

## Mir bauen eng Jickebunn



Fir donneschdes, de 16. Mee, haten sech 18 Kanner ugemellt, fir bei der Aktivitéit „Mir bauen eng Jickebunn“ matzemaachen. D’Animatrice Nicole van der Poel hat Plastiksbulle matbruecht. Mat Begeeschterung hunn d‘Kanner mat Äscht a Bengelen Rillen an de Buedem gezunn, heifir hu si déi géiste Plazen am Bësch rausgesicht. Eng Grupp wollt méi eng laang a méi eng géi hu wéi déi aner a si waren houfreg, wann zum Schluss d’Bullen och ënnen ukoumen.



## Ritzen a Schnitzen

Dënschdes, den 9. Juli, haten sech 15 Kanner ugemellt, fir un der Aktivitéit „Ritzen a Schnitzen“ matzemaachen. Déi meescht haten hiert eegent Täschemesser matbruecht oder si kruten eent vun der Animatrice Nicole van der Poel geléint. Als éischt goufen d’Kanner iwwert den Ëmgank an d’Geforen, déi beim Hantéiere mat engem Messer bestinn, higewisen.



Nom Asammele vu Bengele krut all Kand e Stéck rofgemooss an et konnt mam Ritzen a Schnitze lassgoen. Hei konnt ee gesinn, dass déi eng Kanner scho méi Übung mam Täschemesser haten, anerer nach méi ongeschéckt waren a méi Ënnerstëtzung gebraucht hunn. Um Enn haten s’awer all eppes fäerdeg bruecht.

*Text a Fotoen: Camille Pletschette*








myenergy
Luxembourg
Setzen Sie auf Solarenergie
• Wenden Sie sich an myenergy und lassen sich beraten ob Ihr Dach für die Installation von Photovoltaikmodulen geeignet ist und sich eine eigene Anlage lohnt.
• Fragen Sie bei Ihrer Gemeinde nach, ob eine Genehmigung erforderlich ist.
• Ihr Fachhandwerker begleitet Sie bei der detaillierten Planung, den Installationsarbeiten, sowie der Inbetriebnahme und der Beantragung der finanziellen Beihilfen.
Finden Sie alle wichtigen Schritte für Ihre Privatanlage auf cleversolar.lu!
Ihr Dach ist nicht für die Installation von Solarmodulen geeignet? Werden Sie Mitglied einer Energiekooperative und produzieren Sie saubere Energie in einer Gemeinschaft!
8002 11 90
myenergy.lu
Partner für eine nachhaltige Energiewende


myenergy
Luxembourg
Misez sur l'énergie solaire !
• Consultez myenergy pour faire une analyse de votre situation et savoir si votre toiture est adaptée pour l'installation de panneaux photovoltaïques.
• Demandez si une autorisation est nécessaire auprès de votre commune.
• Votre artisan spécialisé vous accompagnera ensuite pour la planification détaillée, les travaux d'installation, la mise en service ainsi que la demande de subventions.
Consultez toutes les étapes à suivre pour votre installation photovoltaïque privée sur www.cleversolar.lu !
Votre habitation ne se prête pas à l'installation de panneaux solaires ? Rejoignez une coopérative énergétique et produisez de l'énergie propre en collectivité !
8002 11 90
myenergy.lu
Partenaire pour une transition énergétique durable

# De Panorama



## Sicht déi 10 Feeler am Bild



**D'Opléisung fannt Der am Louis Nr. 59.**

# De Panorama

## Hei d'Opléisung aus dem Louis Nr. 57





# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2019

## OKTOBER – DEZEMBER

| DATUM | | WAT ASS LASS? | VERÄIN |
|---|---|---|---|
| **Oktober** | | | |
| Samschdeg | 26. | Dag vum 3. Alter | Frënn vum 3. Alter |
| Samschdeg | 26. | Gaudi Express / Marco Spiegl | Fussball |
| Donneschdeg | 31. | Halloween Party | Darts Club Red Barrons |
| **November** | | | |
| Samschdeg | 09. | Spillerbal DJ | Football Seniors |
| Freideg | 15. | Generalversammlung | Tennis |
| Samschdeg | 23. | Generalversammlung | Musek |
| Freideg | 29. | Niklosfeier | Musek & Gemeng |
| Freideg | 29. | Chrëschtmaart | Schoul |
| **Dezember** | | | |
| Sonndeg | 01. | Bärbesfeier | Pompjeeën |
| Sonndeg | 01. | Adventsbasar | Massendénger |
| Samschdeg | 07. | Generalversammlung | Gaart an Heem |
| Samschdeg | 14. | Rentnerfeier | Gemeng |
| Sonndeg | 15. | Fussball Jugendtournoi | Jugendkommissioun |
| Freideg | 20. | Quizmas | Black Frogs Schieren |
| Samschdeg | 21. | Chrëschtfeier | Frënn vum 3. Alter |
| Dënschdeg | 24. | Glühwäin no de Metten | Fraen a Mammen |

***Bei Redaktiounschluss waren nach net all d'Manifestatioune fir d'Joer 2020 bekannt.***



Schieren

FACEBOOK.COM/GEMENGSCHIEREN

WWW.SCHIEREN.LU

